

eis sprooch

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

WAT DRAN AS:

Presskonferenz	1
René Kartheiser: De V.I.P. / Summernuecht	2
R. Siuda: International Charta vun de Mënscherechter	3
R. Mergen: Ä rentabele Sport	6
M. Lamy: Rapport vun der General- versammlung vun der A.L.	7
E. Arnoldy: De Wäimount	10
J. Milmeister: Patton	11
Will Reuland: De Fëscher	17
Vi. Ro.: D'gëllen Auer	22
† J. Feltes: Lëtzebuergesch an Englesch	23
E. K.: D'Fra aus der Virstad	25
Adrien Rics: Zu Fouss vu Biwels op Santiago de Compostela	26
Jhemp: Eng Rechestonn	32

NEIFOLLEG XXIV. JOR/1988

Nr. 23

Monique Hermes: Eng versëlwert Plaquette vun der «Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch» fir de Pir Kremer	33
P. Kremer: Steiwe Buedem	35
Tom Thies: Den Hellege-Pueles-Kult an der Por Huncheréng	36
Gil Mandy: Den Zauberer Schnuckelibutzi oder Wéi et engem ergoc kann, wann een onbedéngt aneschter wëllt gin	39
hr: Nei Bicher	44
Jeannot Scholer: Kabaretsnuecht 88	46
Vi. Ro.: D'Päerd an den Iesel	46
...: Pater Kolbe	47
CK: E Wieder am Bësch	48
CK: E puer Gedanken un d'Léift	48
R. Siuda: Klenggeketen	38, 43
Comité / Wat huet d'A.L. bis elo craus gin?	



D'Wäisst Krätz um Réimerwee, téscht Beeslek an der Schmedd.

Presskonferenz

de 15. Juni 1988 ëm 5 Auer nomëttes am Café de Paris op der Plëssdarem zu Lëtzebuerg

Zënter der Grënnong vun der FELES a vun dene sougenannte «Bewegungen» gët d'Actioun Lëtzebuergesch ëmmer nees mat deem Veräin an dene Mouvementer verwiesselt an an een Dëppe gebäit. Dat as ze verstoen, well déi meescht Leit, an eiser Membren och alt, mat hire Bréiwer a Fluchziedele begléckt si gin an unbuele kënnen et kéim vun der Actioun Lëtzebuergesch. Et as esouwäit komm, datt eiser Comiteesleit ugeranzt goufen, op der Strooss an op der Hierschtfiore a Frechbeten astieche mussten, wou se glat nët woussten, wat am Ufank d'Ursaach wir.

Dee kleng Communiqué, dee mer an den Zeitungen an an eiser Zäitschrëft publizéiert hun, as wéi et schéngt vun dene meeschte Leit inwarsi gin. Amplaz ofzebuelen huet déi Verwiesselung, an dee Mëssel, an der leschter Zäit nach zougehooll. Fir de Leit nun alleguer ze soen, wou mer stin, wat mer sin, a wat mer wëllen, huet d'Actioun Lëtzebuergesch déi Presskonferenz ageruff, fir hir Positioun zu dene Verenegungen an da fir hir Positioun zou verschiddene Punkte bekamt ze maachen. D'Zeitunge woren all vertrueden an hun eng Dokumentatioun inwerrrecht kritt.

Mir bréngen bei zwéin deer Texter:

D'Action Lëtzebuergesch besteet zënter 1971; si gët eng Zäitschrëft eraus, déi EIS SPROOCH heescht, an si as houfreg drop, zënter Joër an Dag Membren aus allen Ecke vum Land ze hun, och vun alle politesche Säiten a vun alle Menungen an Iwerzegungen.

An dene 17 Joër, wou eise Veräin bestect, hu mir op alle Gebitter fir eis Sprooch an eis Identitéit gschafft, an zwar mat enger oppener Hand an ni mat der Fauscht: dofir as och dat fir eis Sprooch erreecht gin, wat si haut opweises huet. Dobäi gehéiere ganz klor och d'Lëtzebuergesch-Couré fir Auslänner, déi eis Sprooch wëlle léieren (vun 1976 un, mat dem Ministère vun der Educatioun).

Am Numm vun eiser roueger, propperer a positiver Aarbecht fir eis Sprooch, eis Identitéit an eis Heemecht, wëlle mir weder ideologesch, nach politesch mat der FELES oder egal wat fir enger «nationaler» oder «Eislécker» BEWEGUNG eppes ze din hun oder verwiesselt gin, well d'Actioun Lëtzebuergesch / Eis Sprooch guer a glat näischt domat ze din huet.

D'Actioun Lëtzebuergesch war, as a bleift politesch, ideologesch a reliéis neutral.

de Comité

Francis Delaporte	Heng Rinnen
René Faber	Michel Rob
Monique Hermes	Lex Roth
Marcel Lamy	Robert Siuda
Cornel Meder	Emil Steffen
Robert Philippart	Maisy Tockert

Positioun vun der Actioun Lëtzebuergesch zum Thema Auslännerstëmmrecht (Resolutioun wéi se op der Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch vum 3. Abrëll 1982 ugeholl gouf; publizéiert an der Nr. 14 a 16 vun eiser Zäitschrëft EIS SPROOCH)

De Comité vun der AL as iwwerzeegt

1) datt e sëllegen Auslänner, déi bei schaffen, nët onbedéngt un d'Stëmmrecht bei am Land intresséiert sin an dass, wann dës Fro gestallt gët, dacks en aneren Interessi derbanner steet, wéi d'Suerg ëm eis auslännesch Frënn,

2) Datt eis auslännesch Frënn, déi wëlles sin bei ze bleiwen a sech wiirkelech fir d'Problemer vun hirer

Gemeng oder vun eisem Land intresséieren, dat Stëmmrecht onbedéngt kréie mussen,

A) wann si selwer un hirer Integratioun intresséiert sin, eng Integratioun, déi jo nët laanscht eis Sprooch goe kann; dofir verlangt d'AL, datt eise Stat all Auslänner d'Méiglechkeet verschaaft fir jiddfer Auslänner d'sproochlech Integratioun méiglech ze maachen.

B) op Grond vun dësem Interessi d'Lëtzebuenger Nationalitéit froen an dann och méi liicht kréie mussen.

Eis déif Iwwerzegong as déi, datt dëse Problem nëmme kann a muss mat eise legale Méiglechkeete geléist gin.

De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch, Lëtzebuerg, verlaangt a wënscht aus all Parteipolitik eraus gelooss ze gin. Mir si reliéis a politesch neutral a mir wëlle mat jidderengem, egal ob vu riets, vu lénks oder aus der Mëtt, a Fridden zesammenschaffen, esou, wéi mer et bis elo gemat hun.

De V. I. P.*

Hie war en Näscht ...

bis ---

jo, bis enges Daags
sai Bild

an d'Zeitong koum,
dacks,

ëmmer méi dacks,
alt dräi-véiermol d'Woch.

Séng Partei

huet eppes

aus him gemaach!

Hie gouf en «Décken».

E krut e Begriefnes
comme il faut.

D'Hëtz an d'Keelt,
d'Waasser an de Frascht,
wëssen nët, datt hien
esou en dichtege Mann war.

Sain Numm, um Steen,
hält nët méi laang
ewéi dain a main.

René Kartheiser

* e V.I.P. = a very important person.

P.S. Wann Dir e Mann kennt vun deem Dir mengt oder wësst, datt hien als Middel fir dëst Gedicht hatt dënge kënnen, dann zéckt nët, fir Äre perséinleche Gebrauch, deen Numm driwwer ze setzen. Et gët s'an der Dosen.

Summernuecht

D'Sonn läit scho laang an hirem Bett,
ronn gëet de Mound sai Wee;
d'Gewan as roueg, stëll de Bësch,
et richt no frëschem Hee.

Eng Stäreschnäiz, déi spréngt an d'Nuecht,
an deet de Schwanz hell blénken;
an do um Schlass, déi ural Klack,
déi fänkt lues un ze pénken.

Et as eng Nuecht, ech weess nët wéi,
si bréngt mech ferm un d'Tiirmen;
et as eng Nuecht un deer ech mech
fir d'Wanterméint ka wiermen.

René Kartheiser

International Charta vun de Mënscherechter

Vercent Natiounen, New York 1948 (10.12.1948)

(*an d'Lëtzebuergesch inwendroer vum Robert SIUDA*)

Universal-Deklaratioun vun de Mënscherechter

PRÄAMBEL

Well d'Unerkennung vun der Dignitéit, déi all Mëmber vun de Mënschfamill ugebuer as, a vu sänge gläichen an onersetzleche Rechter de Fëllement vun der Fräiheet, der Gerechtegkeet an dem Fridden an der Welt as,

Well et do, wou d'Mënscherechter nët unerkannt an nët respektéiert gin, zu barbareschen Akte koum, déi d'Gewësse vun der ganzer Mënschheet revoltéieren a well d'Schafe vun enger Welt, an deer d'Mënschen d'Fräiheet vum Wuert a vum Glaf hun, an deer se fräi si vu Fuurcht an Nout, als dem Mënsch säin héchst Striewe proklaméiert gouf,

Well et haaptsächlech drëm geet fir duerch e Rechtssystem Hand iwwer d'Mënscherechter ze halen an datt de Mënsch doduerch nët forcéiert gët fir säi leschten Auswee an der Revolt géint d'Tyrannie an d'Ënnerdrécktginn ze sichen,

Well et haaptsächlech drëm geet fir d'Entwécklung vun de frëndschaftleche Relatiounen tëscht den Natiounen z'encouragéieren,

Well an der Charta d'Vëllécker vun de Vereenten Natiounen op en Neits hire Glaf an d'Grondrechter vum Mënsch, an d'Dignitéit an an de Wäert vun der mënschlecher Persoun, an d'Gläichheet vun de Rechter vu Mann a Fra proklaméiert a sech dofir entscheed hu fir dem soziale Fortschrëtt de Virzock ze gin a besser Lieweskonditiounen a méi enger grousser Fräiheet ze schafen,

Well d'Mëmberstate sech verpflichtet hu fir an Zesummenaarbecht mat der Organisatioun vun de Vereenten Natiounen dofir ze suergen, datt d'Mënscherechter an d'Grondfräiheten allgemeng respektéiert a realiséiert gin,

Well eng an déi selwecht Opfaassung iwwer dës Rechter a Fräiheten aus der Mooss wichteg as

fir dëst Engagement voll a ganz kënnen duerchzeféieren,

PROKLAMÉIERT D'GENERALVERSAMMLONG:

Dës UNIVERSAL-DEKLARATIOUN VUN DE MËNSCHERECHTER, déi als en allgemengt Ideal vun all Vollek an all Natioun soll ugestriift gin aus deem Grond, datt all cenzelne Mënsch an all Organ vun der Gesellschaft, ëmmer am Geescht vun dëser Deklaratioun, sech ustreng fir duerch den Unterrécht an d'Erzéiung de Respekt vun dëse Rechter a Fräiheten z'entwécklen an no an no duerch Mesüeren um nationalen an internationale Plang hir Unerkennung ze sécheren, datt d'Populatiounen aus de Mëmberstate selwer an déi aus de Gebitter, déi ënner hirer Gerichtsbarkeet stin, en allgemengen a gudde Gebrauch dervu kënnen maachen.

Artikel 1

All Mënsch kënn fräi a mat deer selwechter Dignitéit an dene selwechte Rechter op d'Welt. Jiddereen huet säi Verstand a säi Gewësse krut an e soll an engem Geescht vu Bridderlechkeet denen anere géintiwuer handelen.

Artikel 2

Jidderee kann all déi Rechter an all déi Fräiheten, déi an dëser Deklaratioun proklaméiert sin, fir sech verlaangen an dat ouni Ënnerscheed sief et vu Rass, Hautfaarf, Geschlecht, Sprooch, Relioun, politescher odder anerer Iwwerzegong, nationalem odder sozialem Urspronk, Verméigen, Gebuert odder soss enger Situatioun. Et duerf do dernieft och keen Ënnerscheed gemat gin, dee mam politeschen, rechtlechen odder internationale Statut vun deem Land odder Gebitt begrënnt gët, aus

deem eng Persoun hierstaamt, egal ob dëst Land odder dëst Gebitt onofhängeg, ënner engem Mandat, nët autonom odder séng Souveränitéit an irgendenger Form begrenzt as.

Artikel 3

All Mënsch huet Recht op d'Liewen, op d'Fräiheet an op d'Sécherheet vu sénger Persoun.

Artikel 4

Kee Mënsch darf a Sklaverei odder a Knechtschaft gehal gin; d'Sklaverei an de Sklavenhandel sin an all hire Forme verbueden.

Artikel 5

Keen duerf gefoltert an och kee grausam, onmënschlech, onwürdeg bestrooft a behandelt gin.

Artikel 6

Jiddereen huet iwwerall d'Recht op Unerkennung vu sénger juristescher Perséinlechkeet.

Artikel 7

D'Mënsche sin alleguer gläich virum Gesetz a si hun ouni Ënnerscheid Recht op dee selwechte Schutz vum Gesetz. Alleguer hu se Recht op dee selwechte Schutz géint all Diskriminatioun, déi dës Deklaratioun géng verletzen a géint all Provokatioun zu esou enger Diskriminatioun.

Artikel 8

All Mënsch huet d'Recht fir bei denen zoustännegen nationale Geriichter en effektive Recours géint déi Akten ze man, déi d'fundamental Rechter, déi him duerch d'Konstitutioun odder duerch d'Gesetz zoustin, verletzen.

Artikel 9

Kee Mënsch duerf arbiträr verhaft, agesat (agespaart) odder ausgewise gin.

Artikel 10

All Mënsch huet d'Recht, a voller Gläichheet, datt séng Saach, säin Uleies gerecht an öffentlech virum engem onofhängegen an onpartei-esche Geriicht zur Sprooch kënn, dat iwwer séng Rechter a Flichten an iwwer d'Berechtigong vun all Uklo, déi a Strofsaache géint e gefouert gët, entscheet.

Artikel 11

1) All Mënsch, dee wéinst engem strofbaren Akt ugeklot gët, as esou laang als onschëlleg

unzugesinn, bis séng Schold gesetzlech an am Verlaf vun engem öffentleche Prozess nogewisen as, an deem e mat Sécherheet op all néideg Garantië fir séng Verdedegong konnt rechnen.

2) Keen duerf veruurtelt gi fir Saachen, déi e gemat odder ënnerlooss huet, déi an deem Ament, wou dat geschitt as, no nationalem an internationalem Recht keng strofbar Akte woren. Och duerf kee méi eng héich Strof kréie wi déi, déi an deem Ament applizéiert gouf, an deem de strofbaren Akt geschitt as.

Artikel 12

An enger Persoun hiirt Privatliwwen, hir Famill, hir Wunnéng odder hir Korrespondenz duerf sech nët arbiträr agemëscht an hir Eier an hire gudde Ruff och nët ugetaascht gin. All Mënsch huet d'Recht op de Schutz vum Gesetz géint esou en Amëschen an Untaaschten.

Artikel 13

1) All Mënsch huet d'Recht fir fräi bannent de Grenze vun all Stat ze zirkuléieren a séng Residenz ze wíelen.

2) All Mënsch huet d'Recht fir all Land ze verloossen, och säin egent, an nees a säi Land heemzekommen.

Artikel 14

1) All Mënsch huet d'Recht fir, wann e verfollegt gët, Asyl an anere Länner ze sichen a Gebrauch dovunner ze maachen.

2) Op dëst Recht ka sech nët beruff gin am Fall vun Ukloen, déi reell op engem Verbrieche vum allgemenge Recht an op Handlonge fundéieren, déi géint d'Ziler an d'Grondsätz vun de Vereenten Natioune verstoussen.

Artikel 15

1) All Mënsch huet d'Recht op eng Nationalitéit.
2) Séng Nationalitéit duerf kengem Mënsch arbiträr entzu gin, och nët dat Recht fir séng Nationalitéit ze changéieren.

Artikel 16

1) Wa Mann a Fra am Alter si fir sech ze bestueden, hu se d'Recht fir dat ze maachen an eng Famill ze grënnen ouni iirgendeng Restriktioun wat d'Rass, d'Nationalitéit odder d'Relioun ugeet. Si hu beim Bestiednes, am Bestiednes a bei sénger Opléisong déi selwecht Rechter.

2) D'Bestiednes duerf nëmme mat der fräier a voller Awëllegong vum Brautpuer geschloss gin.

3) D'Famill as dat natüürlecht a fundamentaalt Element vun der Gesellschaft a si huet d'Recht op de Schutz vu Gesellschaft a Stat.

Artikel 17

1) All Mënsch huet d'Recht, eleng an och mat aneren zesummen, op Eigentom.

2) Säin Eigentom duerf kengem Mënsch entzu gin.

Artikel 18

All Mënsch huet d'Recht op Gedanke-, Gewëssens- a Reliounsfräiheet; an deem Recht mat dran as d'Fräiheet fir séng Relioun oder séng Iwwerzegong ze änneren, grad esou wéi d'Fräiheet fir séng Relioun a séng Iwwerzegong eleng oder mat aneren ze manifestéieren, sief et an der Öffentlechkeet oder privat, duerch den Unterrécht, d'Praktizéieren, de Kultus an d'Feiere vu Riten.

Artikel 19

All Mënsch huet d'Recht op eng fräi Menong a fir se fräi auszedrécken, an deem och d'Recht mat dran as op eng Menong fräi vu Fuurcht an dat Recht fir Informatiounen an Iddiën ze sichen, ze kréien an ze verbrede mat all dene Mëttele fir sech auszedrécken, déi et gët an ouni sech mussen u Grenze vu Länner ze halen.

Artikel 20

1) All Mënsch huet d'Recht op Versammlungs- a Verenegongsfräiheet am friddleche Sënn.

2) Keen duerf an eng Verenegong gezwong gin.

Artikel 21

1) All Mënsch huet d'Recht fir un den öffentlechen Ugeleënhete vu séngem Land matzewirken, sief et direkt oder duerch fräi gewielt Vertrieeder.

2) All Mënsch huet d'Recht fir ënner gläiche Konditiounen an d'öffentlech Fonktiounen vu séngem Land eranzekommen.

3) De Vollekswëllen as d'Grondlag vun der Öffentlecher Gewalt hirer Autoritéit; dee Wëlle muss sech an éierleche Walen, déi periodesch ofzehale sin no engem gläichen an allgemenge

Walrecht, a geheime Walen odder an enger gläichwärtiger Prozedur, déi fräi Wale garantéiert, ausdrécken.

Artikel 22

All Mënsch huet als Mëmber vun der Gesellschaft d'Recht op sozial Sécherheet; en as berechtigt fir an de Genoss vun de wirtschaftlechen, sozialen a kulturelle Rechter ze kommen, déi fir séng Dignitéit an d'fräi Entwécklong vu sénger Perséinlechkeet néideg sin, dat alles duerch en nationalen Effort an eng international Zesummenaarbecht an an engem Mooss, wéi d'Organisatioun an d'Ressource vun all Land et ausweisen.

Artikel 23

1) All Mënsch huet d'Recht op Aarbecht, op d'fräi Wiel vu sénger Aarbecht, op Aarbechtskonditiounen, déi gerecht sin an zefridde stellen an op de Schutz géint de Chômage.

2) Jiddereen huet ouni Diskriminatioun d'Recht op de selwechte Loun fir déi selwecht Aarbecht.

3) Jiddereen, dee schafft, huet d'Recht op e gerechten an ordentleche Loun, deen him selwer a sénger Famill eng Existenz op der Basis vun der mënschlecher Dignitéit séchert an deen, wann néideg, duerch all aner sozial Mesüre gestäipt gët.

4) All Mënsch huet d'Recht fir mat anere Leit Beruffsorganisatiounen ze grënnen a fir séng Intressen ze verdedegen dranzegoen.

Artikel 24

All Mënsch huet d'Recht op Rou a Fräizäit a besonnesch op eng räsonnabel begrenzt Dauer vun der Aarbechtszäit an op periodeschen a bezuelte Congé.

Artikel 25

1) All Mënsch huet d'Recht op e Liewesnivea, deen duergeet fir him selwer a sénger Famill d'Gesondheet an d'Gutt-Ergoen, besonnesch d'Narung, d'Kleder, d'medezinesch Fleg an déi néideg sozial Déngschter ze garantéieren; en huet d'Recht op Sécherheet am Fall vu Chômage, Krankheet, Invaliditéit, als Witfra odder Witmann, am Alter an an anere Fäll, wou en d'Mëttele fir säi Liewesënnerhalt nët méi huet duerch Ëmstänn, déi onofhängeg si vu séngem Wëllen.

2) Mamm a Kand hun d'Recht op speziell Hëllef a Bäistand. D'Kanner alleguer, ob se am odder nët am Bestiednes gebuer gin, kommen an de Genoss vun deem selwechten zoziale Schutz.

Artikel 26

1) All Mënsch huet d'Recht op Bildung. Den Unterrécht muss op d'mannst fir d'Elementar- an d'Grondschoole gratis sin. Den Elementar-unterricht as obligatoresch. Den techneschen an de Beruffsunterricht musse verallgemengert sin. Den héiere Studium muss jidderengem mat dene selwechte Rechter an op der Basis vu sénge Leeschtungen opstoen.

2) D'Bildung soll déi voll Entwécklong vun der mënschlecher Perséinlechkeet a méi e grouse Respekt vun de Mënscherechter an de Grondfräiheten uviséieren. Si soll de Verstecksdemech, d'Toleranz an d'Frëndschafft tëscht allen Natiounen an alle Gruppe vu Rassen a Reliounen grad esou favoriséieren wéi d'Entwécklong vun de Vereenten Natiounen hiren Aktivitéit fir d'Erhale vum Fridden.

3) D'Elteren hu virwech d'Recht fir de Genre vun de Kanner hirer Bildung ze wíelen.

Artikel 27

1) All Mënsch huet d'Recht fir fräi un der Kommunikatioun hirem kulturelle Liewen deelzuelen, an de Genoss vun der Konscht ze kommen a vum wësseschaaftleche Fortschrétt a vun allem, wat sech doraus u Guddem ergët, ze profitéieren.

2) Jiddereen huet d'Recht op de Schutz vun de moraleschen a materiellen Intressen, déi aus jiddfer wësseschaaftlecher, literarescher odder artistescher Produktioun entstün, vun deer hien den Auteur as.

Artikel 28

All Mënsch huet d'Recht op eng sozial an international Uerdnong, an deer sech déi Rechter a Fräiheten, déi an deser Deklaratioun opgezielt gin, voll kënnen auswiirken.

Artikel 29

1) All Mënsch huet Flichte vis-à-vis vun der Kommunikatioun, an deer eleng déi fräi a voll Entwécklong vu sénger Perséinlechkeet méiglech as.

2) Am Gebrauch vu sénge Rechter an am Genoss vu sénge Fräiheten as jiddereen nëmmen dene Limiten ennerworf, déi d'Gesetz eenzeg an eleng dofir virgesäit, datt d'Unerkennung an de Respekt vun aneren hire Rechter a Fräihete geséichert sin a fir engem gerechten Usproch op Moral, op öffentlech Uerdnong an op en allgemengt Wuel an enger demokratescher Gesellschaft z'entsprechen.

3) Dës Rechter a Fräiheten duerfen a kengem Fall am Widdersproch mat de Vereenten Natiounen hiren Ziler a Prinzipie stoen.

Artikel 30

Keng Bestëmmong vun deser Deklaratioun duerf esou ausgeluegt gin, datt e Recht fir e Star, eng Grupp odder en eenzelne Mënsch dra wär fir sech un Aktivitéiten ze gin odder Akten duerchzeféieren, déi drop erauslafe fir d'Rechter an d'Fräiheten, déi dra genannt sin, ëmzestoussen.

Ä rentabele Sport

Ä Sportsmaun, deen eng Medail wëllt kréien
muss sech fir gutt Geschir beméien

Än Athlet deen ä Rekord wëllt klappen
brauch gutt an deier Schlappen

A Coureur, deen den Tour de France wëllt

[wannen

muss ä Velo hu vu nëmmen e puer Grammen

Ä Pilot, dee séier op der Piste wëllt fueren

daarf nit mat Benzin a Pneue spueren.

Wann en da séng Medail kritt

as säi Geschir gutt fir op den Tipp

Anescht as et mat engem Päerd

op deem ze rciden as et derwäert

as de Biddi enges Daags afgeritt

gët et ëmmer nach Biftek a Britt.

Robert Mergen

Rapport vun der Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch

Den 12. Mäerz 1988 war d'Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch. Ronn 60 Frënn a Mëmbler vum Veräin waren dee Mëtteg an de grouse Sall vum Convikt-Center komm, fir ze héieren, wat de Comité dat lescht Jor opweises huet. D'LSAP war op dëser Versammlung duerch den Här Al. Schmitz vertrueden; déi aner Parteien haten sech entschëllege gelooss.

Ugaangs sénger Ried sot de President vun der Actioun Lëtzebuergesch, den Heng Rinnen, alle Leit merci, well si sech esou vill Zäit geholl hun, fir an dës Versammlung ze kommen. Am selwechten Otemzuch sot hien awer all sénge Kollegen aus dem Comité e grouse Merci fir déi vill Aarbecht déi si fir de Veräin a besonnesch fir *eis Sprooch* leeschten. Dobäi huet hien awer och un all déi geduecht, déi ewell zënter der Grënnung vun der Actioun Lëtzebuergesch, hir Artikelen, Gedichter a Geschichten craschécken, well ouni si wir et jo nët méiglech eis Zäitschrëft EIS SPROOCH esou opzebauen, wéi se elo as.

Dann as de President op d'Zäitschrëft selwer ze schwätze komm. Hie sot: «Et as déi eenzeg Zeitschrëft, jiddefalls bis viru kuuzer Zäit wor et nach esou, déi nëmmen op lëtzebuergesch crauskënn. Mir mengen et wir gudden Hausmaacherkascht dee gebuede gët. Wat soll een sech doriwwer entzannen, wa mir gesot kréien, et wir ze vill Almouduesch an eiser Publikatioun.

Politesch wëlle mir neutral sin, wat awer nët heescht, dass mir nët kritisches däreffe sin. *Literaresch* wëlle mir och nët ze avant-gardistesches sin, wat nët wëllt soen, dass dat nët och mol de Fall ka sin. *Wëssenschaft a Sproochwëssenschaft* sti bei aneren Zäitschrëften um Programm, wat awer nët bedeit, dass mir op dësem Gebitt nët däreffe matmëschen. Ménger Meinung no wir et esouguer gutt, wa mir op deem Gebitt méi leeschte

kënnen, an dass d'Sproochwëssenschaftler dorop opbaue kënnen.

Mir sin alleguer kee Goethe a kee Schiller, kee Racine a kee Molière, kee Shakespeare a keen Edgard Poe; mir maachen alt dat, wat mir maache kënnen an et duerf een sech roueg froen, ob et da wërklech esou *guer* nët gutt gemaacht as, wéi een alt mol héiert»

De President huet dann och nach ugekënnegt, dass geplangt as fir eis Zäitschrëft dräimol am Jor erauszegin. Domat soll de Kontakt tëscht de Mëmbler méi enk gin. Et soll och probéiert gin fir eppes vun dene Gebitter drakommen ze loossen, déi virdrun opgezielt si gin. Zegläch huet den Här Rinnen och bemierkt, dass dru geduecht gouf, fir dene Leit, déi eppes fir eis Zeitung schreiwen, eng kleng Entschiedegung fir hir Aarbecht ze gin.

«Nët grad eppes Schéines hu mir d'lescht Jor missen iwuer äis ergoe loossen», huet de President bedauert, «an dat as, dass d'Actioun Lëtzebuergesch, deer hir Zäitschrëft «Eis Sprooch» heescht, mat an eent Dëppe mat der FEILES – der Federation «List Land – Eis Sprooch» an anere nationalitische Gruppe gehait as gin.

Mir wollten a wëllen äis nët an de Streit mëschen, mir wëllen awer op kee Fall hun, dass d'Actioun Lëtzebuergesch mat dene Gruppemeter verwiesselt gët. Dofir hu mir nëmme grad dräi Sätz an der Press publizéiert, wou mir dat klor an däitlech gesot hun. Et wor vläicht deem engen oder anere Mëmbler nët haart genuch, mä et misst dach awer ze verstoe gewiest sin.

Zu dem Problem Auslänner an Auslännerstëmmrecht hei zu Lëtzebuerg, huet d'Actioun Lëtzebuergesch hir Positioun ewell viru Jore festgeluegt a bleift och dobäi»

Um Schluss vu sénger Ried huet den Här Rinnen nach bedauert, dass eis Sprooch esou ver-

schampléiert gët. «Dëst as e Phänomeen, deen sech wuel an all Sprooch weist, mä eis Sprooch kritt vun alle Säite Stéiss. Et wees ee ganz gutt, datt eng Sprooch ännert, vergoe léisst, nei schaaft, mä wéi et bei äis esou leeft, dat gët engem awer alt ze denken. Mir brauchen nët um Aen hänken a pechen ze bleiwen an no ausgestuerwene Wieder grucwen ze goen, mä et méngt een dach et misst méi Respekt fir eis Sprooch do sin.»

D'Actioun Lëtzebuergesch besteet elo 17 Jor. As et nët och hire Verdéngscht, datt d'Lëtzebuergesch eng Plaz eruwert huet, déi et nach ni bis dohin hat. 't as Nationalsprooch gin, et si méi Bicher an Artikelen op lëtzebuergesch do, et si Bicher do fir et schreiwen ze léieren, mir hun eng Grammatik, en Dictionnaire, eng Literatur. Alles wat eng Sprooch brauch a soll hun fir eng Sprooch ze sin. D'Lëtzebuergesch wëllt awer nët mat den Héichsproochen Däitsch, Franséisch oder Englesch concurréieren. Loosse mir eis Wischblimmchen fir äis versueren, an esou respektéieren wéi s'et méi wéi verdéngt.»

Aktivitéitsrapport vum Sekretär:

A séngem Rapport huet de Sekretär vum Veräin, den Här Marcel Lamy, opgezielt, wat de Comité an dene leschten 12 Méint geschafft huet:

– De Rapport vun deer leschter Generalversammlung vum 4. Abréll 1987 stoung an der Nr. 21 vun eiser Zäitschréft «EIS SPROOCH»; all Mëmber huet dës Nummer geschéckt kritt.

– D'Actioun Lëtzebuergesch huet am Ablack ronn 2.200 Mëmber.

– Am Comité sin: d'Jofferen *Tockert* an *Hermes*, d'Häre *Rinnen*, *Siuda*, *Steffen*, *Roth*, *Faber*, *Meder*, *Philippart*, *Delaporte* a *Lamy* (dës Lëscht gouf am *Mémorial C./ 287/1987* – Sait 15.155 publizéiert).

– Op der Austrëttslescht sin dëst Jor d'Häre *Faber*, *Lamy*, *Meder*, *Roth* a *Steffen*. Am November hat den Här *Georges Helm* séng Démissioun am Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch gin; dëst aus private Grënn.

– Am leschte Jor hat de Comité 8 Comités-séitzungen.

Wat gouf am Comité geschafft?

– Am Jor 1987 koumen dräi *Publikatiounen* eraus:

– am Mäerz d'Nr. 20 vun eiser Zäitschréft EIS SPROOCH

– am September d'Extra-Nummer 8 «Klenggeketen»

– am Januar 1988 d'Nummer 21 vun eiser Zäitschréft (duerch technesch Problemer an der Dréckerei konnt dës Nummer nët méi am Dezember 1987 erauskommen).

– Zwou *Circuläre* gounge un all Mëmber:

– am Mäerz: d'Invitatioun fir d'Generalversammlung

– am Dezember: eng Informatioun iwwer d'Neijooschkaarten

– donieft goug och nach am Juni an am Dezember e Rappel un all déi Mëmber, déi bis dohin hir Cotisatioun nach nët bezuelt haren.

– *Neijooschkaarten 1987/1988*:

– et war déi 14. Kéier, datt d'Actioun Lëtzebuergesch esou Kaarten eraus gouf

– op de Kaarte ware Biller vum Här Jos. Besch

– et ware Biller vun: dem Bredewee an der Stad; dem Schlass vun Hesper; der Buerg vu Veianen; der «Rumm» vun Dummeldéng

– zesumme goufen 12.000 Kaarte gedréckt an och verkaaft.

– *Faarweg Gléckwonschkaarte* mat Biller vun der Madame Lily Unden

– et as déi 2. Kéier, datt mir esou Kaarten eraus goufen

– et goufen 2x2.000 Kaarte gedréckt, déi praktesch och all verkaaft goufen.

– *Hierschtfoire um Kiirchbierg*:

D'Actioun Lëtzebuergesch hat och 1987 erëm en Informatiounsstand op der Hierschtfoire a ganz vill Leit koumen sech bei äis informéieren; leider konnte mir déi Kéier nëmme 46 nei Mëmber an eise Veräin ophuelen (Ursach: d'FELES).

D'Actioun Lëtzebuergesch krut och en Diplom an eng Plaquette vun der Foire-Direktioun iwwerrecht, well si cwell 10 Jor op der Hierschtfoire vertrueden as.

- *Versëlwert Plaquette vum Dicks-Rodange-Lentz:*
- dëst war déi 6. versëlwert Plaquette déi d'Actioun Lëtzebuergesch iwuerrecht huet
- den Här Will Flener krut dës Auszeechnung fir séng Verdéngschter fir eis Sprooch.
- *«Kommt mir léiere Lëtzebuergesch»:*
- dëst Buch gouf nei zesummesat an am «Offset» ofgezun; dës Editioun as elo méi propper wéi déi virdrun
- déi Franséisch-Lëtzebuergesch Editioun gouf d'lescht Jor ronn 900 mol verkaaft
- provisoresch Editiounen op Däitsch-Lëtzebuergesch, Englesch-Lëtzebuergesch a Portugisesch-Lëtzebuergesch sin an der Aarbecht
- an dëser Saach gouf och en Extrasubsid beim Kultur-Minister ugefrot.
- *«Concours fir Radios-Spiller op lëtzebuergesch»:*
- dëst as den 3. Literatur-Concours, deem d'Actioun Lëtzebuergesch organiséiert; dëse Concours leeft nach bis de 15. Abrëll 1988.

Dann as de Sekretär nach op déi selléche Bréif an Demanden ze schwätze koom, déi de Comité un déi eenzel Ministären a Gemengeverwaltung geschriwwen huet. Dobäi huet hie bedauert, datt op vill Bréif iwuerhaupt keng Äntwert kënt.

Den Här Lamy huet dann och nach eng Kéier bemierkt, datt d'Actioun Lëtzebuergesch op Schratt an Tratt mat der FEILES (d'National-Bewegung resp. d'Eislécker Fräiheitsbewegung mat abegraff) verwiesselt an identifizéiert gët. Dobäi huet hien drun erënnert, datt de Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch sech dach direkt no der Grënnung vun der FEILES klor an däitlech vun den Iddien vun dëser Organisatioun distanzéiert hat, an esouguer d'Mëmber vun der FEILES, duerch d'Generalversammlung, aus dem Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch ausschléisse gelooss huet.

Leider wëssen d'Leit dobaussen, d'Lëtzebuurger sougutt wéi och d'Ausländer, nach ëmmer net den Ënnerscheed tëscht eisem Veräin an denen aneren dräi Organisatiounen ze maachen. Déi Leit aus dem Comité, déi op der Hierschtoire op eisem Informatiounsstand waren, mussten sech dacks genuch dowéinst Bemierkungen a Frechhete gefale loossen.

«D'Actioun Lëtzebuergesch huet zënter hirer Grënnung, am Jor 1971, konsequent fir eis Sprooch geschafft. Si as géint keen an och géint keng aner Sprooch gerücht. An deer Zäit huet de Comité vill gutt Aarbecht geleescht an och ganz vill fir déi sproochlech Integratioun vun den Ausländer gemaacht.»

Eng vun de wichtegste Missiounen vun der Actioun Lëtzebuergesch as et, fir Lëtzebuergesch-Couren z'organiséieren a Bicher auszeschaffen, fir datt déi Ausländer, déi bei äis liewen a schaffen, a Lëtzebuergesch wëlle léieren, d'Méiglechkeet kréien, fir dëst och kënnen ze maachen. Wat en Ausländer hei am Land däerf, soll a muss, dat wire politesch Problemer, an déi géifen, sou de Sekretär, an déi grouss Politik gehéieren. D'Actioun Lëtzebuergesch als Veräin, hätt domat direkt näischt ze din.

Rapport vum Caissier:

Wéi een dat ewell gewinnt as, huet de Caissier vun der Actioun Lëtzebuergesch, den Här René Faber, och dës Kéier erëm e ganz detailléierte Rapport virgeluegt. Hei nëmmen déi wichtegst Punkten:

- am Jor 1987 hat d'Actioun Lëtzebuergesch Recetten fir 2.071.352 Frang an Ausgaben fir 1.574.460 Frang; um 1. Januar 1988 sin nach genee 901.770 Frang an der Caisse
- déi 2.200 Mëmber hun dat lescht Jor zesumme 461.000 Frang u Cotisatioun bezuelt
- et goufe verkaaft: Neijoosch- a Gléckwonschkaarten fir 324.000 Frang; Zäitschrëften an Extra-Nummer fir 108.806 Frang; Bicher «Kommt mir léiere Lëtzebuergesch» fir 593.460 Frang; Bronze-Plaquette mat de Käpp vum Dicks-Rodange-Lentz fir 334.077 Frang. (Hei muss betount gin, datt d'Spuerkeess der Actioun Lëtzebuergesch 385 Plaquetten ofkaaft huet, fir dem Léierpersonal op de Schoulspuerfester auszedelen; vum Comité aus, der Direktioun vun der Spuerkeess e grouse Merci fir dës finanziell Ënnerstëtzung.)
- fir Publikatiounen a Porto goufen d'lescht Jor 874.208 Frang resp. 134.514 Frang bezuelt.

Aus all dësen Zifferen gesäit ee ganz klor, datt d'Caisse sech erëm gutt erholl huet an erëm op zwéi gesonne Féiss steet.

Am Numm vun de Caisse-Kontrolleren huet den Här Folscheid och dem Här Faber séng Aarbecht gelueft a verséichert, datt d'Caisse bis op de leschte Frang stëmmt. Hien huet der Versammlung proposéiert de Caisse-Rapport unzehuelen an dem Caissier Décharge ze gin.

D'Häre Folscheid, Kaell a Majerus sin dann och averstan, fir och nach 1988 d'Caissebicher vun der Actioun Lëtzebuergesch ze kontrolléieren.

Cotisatioun 1989:

D'Versammlung as mat dem Virschlag vum Comité averstan fir d'Cotisatioun och 1989 bei 250 Frang ze loossen. D'Studente bezuelen 150 Frang an d'Veräiner 350 Frang.

Neiwiel vum Comité:

Op der Austrëttsléscht waren dést Jor 5 Leit, déi awer erëm alleguer fir de Comité kandidéiert hun; eng Plaz war fräi gin duerch d'Demissioun vum Här Helm.

Well nëmmen eng nei Kandidatur do war, déi vum Här Michel Rob, braucht net gewielt ze gin. Déi 6 Leit goufen duerch Akklamatioun an de Comité opgeholl.

Presentatioun vum neie Buch «... de Kapp an de Stären...» vum René Kartheiser: (EIS SPROOCH) – Extra-Nummer 9)

De President huet dem Här Kartheiser, «engem vun eisen beschte Schreiwerten» merci gesot, datt hien der Actioun Lëtzebuergesch eng Parti «gereimt an ongereimt Gedichter, Mikro-Texter, Miniaturen aus der Gewan, méi oder manner eescht Zwëschespiller, Kuurzgeschichten» zer Verfügung gestallt huet.

A kurze Wieder huet den Auteur dann e puer Explikatiounen zu eenzelnen Texter gin.

Fräi Diskussioun:

No enger kurzer, awer ganz intressanter Diskussioun, wou nach verschidde Problemer ugeschnidde goufen, wéi Organisatioun a Bezuele vun Owescouren, Lëtzebuergesch an eise Schoulen, Bicher an eiser Sprooch, Lëtzebuergesch um Radio, eis Sprooch am Ausland, Lëtzebuergesch an der Kiirch, huet de President géint 17.15 Auer d'Generalversammlung opgehewen.

Marcel Lamy

E. Arnoldy

De Wäimount

Wann d'Sonn den Niwelschlär zerrapt,
as d'Siicht am Nu nees hell a klor.
D'Natur as wéi a Gold gezappt,
ma nuets as dack scho Fraschtgefor.

De Wénzer as d'ganzt Jor am gaang,
ma lo as Plo a méi vergiess.
De Wäimount huet nees ugefaang,
an d'Leit sin an der Drauwelies.

Am Wangert as dés Zäit vill lass,
vu mueres fréi, bis d'Nuct sech melt.
Et gët gepléckt a sech geflass,
well 't as eng Fro, ob d'Wieder hält.

De Wangert gët sai Schaz nees hir,
sou wéi all Joër an dat as fäin.
Aus séngen Drauwe maache mir,
de Lëtzebuenger Muselwäin.

A wien eng Grätz dovü versteect,
kënnst sécher op séng Käschtchen.
Well d'Leit déi soe wäit a breet,
et wir deen Allerbeschten!

Jean Milmeister

Patton

Zu Nanzeg um Nummer 10, rue d'Auxerre, huet de 16. Dezember 1944 géint den Owend am Hauptquartéier vun der 3. amerikanescher Arméi den Tëléfon gerabbelt. Wéi de Colonel Paul D. Harkins opgehewen huet, hun se no dem Generol George Patton, dem Kommandant vun der 3. Arméi, gefrot. De Generol Bradley géif gär vu Paräis aus mat em schwätzen.

«George», sot de Bradley, «get the 10th Armored on the road to Luxembourg City.»

De Patton as ugelaf wéi Fixfeier. Wat? Hee sollt déi 10. Panzerdivisioun op Lëtzebuerg schécken, elo wou e grad prett war, fir d'Saar unzegräifen?

«God damn it!» huet de Patton mat sénger heller Fraleitsstëmm Kreesch gedoen, dass de Bradley den Hörer vum Ouer ewech gehalen huet. «Ech brauch onbedingt déi 10. Divisioun fir an der Saar unzegräifen. Dir kënnt dat dach net mat mir maachen, Dir géift dann de Preisen hiirt Spill maachen. Déi laachen sech d'Panz voll!»

«George», sot de Bradley, «et deet mer leed, ma mir brauchen onbedingt déi 10. Panzerdivisioun fir dem VIII. Corps vum Middleton an den Ardennen ze hëllefen. Méi kann ech net um Tëléfon soen.»

Well de Bradley net sécher war, ier hiirt Gespréich net vun der Wehmacht ofgelauschtert géif gin, wollt en näischt doriwwer soen, dass d'Amerikaner am Éislek, an de belschen Ardennen an an der Schneifel duerch di däitsch Ardennenoffensiv iwerrannt gi sin, ouni dass si eppes virdru gemierkt haten.

Wéi de Patton den Tëléfon opgeluegt huet, huet e gegrommelt: «Wa mäi Frënd Brad esou drop hält, fir déi 10. Divisioun ze kréien, da wäert en och alt wesse fir wat!»

Den 18. Dezember 1944 war de Bradley erëm um Tëléfon: «George», sot en, «du muss onbe-



dingt op Lëtzebuerg kommen. Bréng de Koch, de Maddox an de Muller mat!»

De Bradley hat deemools säin Hauptquartéier zu Lëtzebuerg am CIL-Gebai bei der Neier Bréck an en huet op der Gare am Hotel Alfa logéiert. De Patton as mat dem Colonel O. Koch (G-2 Spionage), dem Colonel H. Maddox (G-3 Operatiounen) an dem Colonel W. Muller (G-4 Intendance) op Lëtzebuerg gefuer, wou de Generol E. Sibert, dem Bradley säin G-2 Offizier, hinnen Details iwver déi däitsch Ardennenoffensiv gin huet, déi d'Lëtzebuerger laang Zäit Rundstedtoffensiv genannt hun, well de Generol-Feldmarschall Gerd von Rundstedt des Offensiv geleet huet, fir déi den Hitler selwer de Plang entworfen hat.

Wéi de Patton den 18. Dezember 1944 op Lëtzebuerg an d'Gebai vun der Eisebunnsdirektioun op Lëtzebuerg koum, war e fir d'drëtte Kéier zu Lëtzebuerg.

E war schon de 4. Oktober 1944 op Lëtzebuerg bei di 83. Infanteriedivisioun kom an en huet et a séngem Dagebuch festgehalten: «Ech war erstaunt, dass de ganzen Herzogtum vum Krich net beréiert war, ausser der Gare vun der

Stad Lëtzebuerg. Dëst Land muss dach e besonnesche Status hun, dass keen et bombardéiert huet.»

Ma dat war nët dem Patton säin éischte Besuch zu Lëtzebuerg, well e schon am Éischte Weltkrich hei war.

Den 28. Januar 1919 koum de Patton vu Frankräich, wou e mat der amerikanescher Arméi am Asaz war, op Lëtzebuerg.

Aus dem Éislek, warscheinlech vu Weiswampech, huet e séngem Papp e Bréif geschriwwen:

«Éch sin am Norden vu Lëtzebuerg. Et as e räicht Land an huet vill Grouwen. D'Leit schwätzen däitsch an se gesinn och esou aus. Du wess wat fir Gefiller ech fir déi Däitsch vürum Krich hat. Elo sin se nach méi staark ...

Dat ganz Land gesäit méi propper, méi modern a méi wéi Amerika aus wéi irgend eng ancr Plaz wou ech war, zanter ech vun doheem fort sin.

Ech sin hei bei enger aler Damm logéiert, deer hiren Edem d'Lëtzebuurger Arméi kommandéiert. En as Majouer¹⁾. E sot, et wir batter fir hien, dass di lescht Woch all séng Zaldote gemeutert hun an entlooss gi sin. Elo huet e weider näischt méi ze kommandéieren wéi d'Police.

Dat as dat éischt Land vun der Welt, dat keng Arméi huet. Et as e schrecklecht Beispill, wéi een et nët maache soll.»

De Patton war den 18. Dezember 1944 owes um clef Auer knaps vu séngem Besuch am Bradley séngem Hauptquartéier zu Lëtzebuerg erëm a séngem egene Hauptquartéier vun der 3. Arméi zu Nanzeg ukom, wéi de Bradley schons erëm ugeruff huet, fir heen op eng Konferenz mat dem Eisenhower den aneren Dag op Verdun ze bestellen.

De Patton woussst genee wat lass wir an dass den VIII. US-Corps vun der I. Arméi am Éislek an de belschen Ardennen vun enger Véirelsmillioun Zaldoten iwerrannt géif. Dofir huet hee séng Mataarbechter ugestallt, direkt dräi Plange fir den Ugrëff vu sénger drëtter Arméi no Norden opzestellen. Je nodeem wéi wäit di däitsch Ardennenoffensiv fortgeschratt wir, sollt d'Attack vun der 3. Arméi vun Iechternach aus (Code-Numm «Dime»), vun Arel aus (Code-Numm «Cent») ausgoen.

An der Nuecht hun dem Patton séng Offizéier di dräi Plangen ausgeschafft a wéi de Patton den 19. Dezember 1944 e Véirel op ning muerges op Verdun gefuor as waren d'Plange prett. Un der Konferenz vu Verdun hun den Eisenhower, de Bradley, de Patton, den Devers an den Tedder mat hire Stabsoffizéier deelgeholl.

Den Eisenhower huet d'Lag erklärt an direkt de Patton gefrot: «George, ech hätt gär, dass du géifs op Lëtzebuerg goen, fir do de Kommando ze féieren. Wéini kanns de fortfuieren?»

«Now», sot de Patton, «elo gläich».

«Du wëlls soen nach haut?» huet den Eisenhower verwonnert gefrot.

«Éch wëll soen: soubal mer hei fäerdeg sin.»

Et war esou roueg am Sall gin, dass een eng Nol fale gehéiert hätt.

«Wéini kënnst der dann ugräifen, George? huet de Bradley gefrot.

«An 48 Stonnen», sot de Patton an et huet ee gesinn, wéi en sech iwwer déi verwonnert Gesiichter vun de Genereel gefreot huet.

Den Eisenhower huet en onglewegt Gesiicht gemat a gesot: «George, sief nët cefälleg a géf nët un!»

Mat Iech näischt ze din», sot de Patton roueg an huet sech gemälleg eng Zigar ugefaangen, «ech wäerd schon zur Zeit do sin!»

Elo war et mat der Rou am Sall eriwwer. D'Genereel an d'Offizéier hu lues matence gepëspert: déi eng hu gemengt et wir onméiglech an zwéin Deg eng ganz Arméi honnert Kilometer no Norden ze schécken an do unze-gräifen, anerer waren iwwerzeeget, de Patton géif et fäerdeg bréngen.

«Et as ze maachen», sot de Patton. En as opgestanen a bei d'Kaart gaangen, wou den däitschen Duerchbroch, «the bulge», d'Bëls, wéi d'Amerikaner soten, däitlech ze gesi war.

«Brad», sot de Patton, «kuck hei hun d'Preisen de Kapp an de Fleeschwollef gestach an déi Kéier hun ech d'Dréin am Grapp!»

En huet sech emgedréint an zum Colonel Paul Harkings gesot: «You go and tell them the plan 'Nickel'!» Dat huet geheescht, dass déi 3. Arméi nom Plang «Nickel» vun Arel aus géif ugräifen.

«Kréschtdag sin ech zu Baaschtnech!» sot de Patton an en huet sech direkt no der Konferenz mat séngem Chauffeur George Mims op de Wee fir op Lëtzebuerg gemat, därkans séng Offizier sech ém d'Verleë vun der 3. Arméi no Lëtzebuerg gekëmmert hun.

De Patton huet nuets beim XX. US-Corps vum Generol Walker zu Diddenhuewe geschlof. En as den 20. Dezember 1944 weider op Lëtzebuerg gefuer a muerges géint ning Auer am Hotel Alfa ukom, wou de Generol Bradley logéiert huet, «engem gudde, gehëtzen Hotel mat engem Buedzëmmer dat fonktionnéiert», wéi de Patton a séngem Dagebuch festgehalten huet. Dee schwachte Muergen hun sech dräi vum Patton séngen Divisiounen op de Wee no Lëtzebuerg gemat, déi 4. Panzerdivisioun, déi 26. an 80. Infanteriedivisioun.

Däerbans sin aner Leit vum Patton d'Stad ausgelaf, fir en neit Hauptquartéier fir hire Chef ze fannen. Se hun sech no laangem hin an hir fir d'Fondation Pescatore entschedd, d'Pensionären evakuéiert, d'Personal gepréift an d'Noperschaft ënnersicht. Ma wéi de ganzen Hauptquartéier am gaang war an de Pescatore ze plënnere, hun se op eemol am Keller eng Trap entdeckt, déi an d'Kasematte geféiert huet. D'Leit vum CIC, dem «Counter Intelligence Corps» hun déi ganz Nuet keen A zougedoen, D'Wehrmacht kënnt d'Plange vun de Kasematte matgeholl hun an op eemool géiwen däitsch Agenten duerch d'Kasematten am Patton séngem Hauptquartéier opdäuchen.

Deen aneren Dag, den 21. Dezember 1944, wéi dem Patton säin Hauptquartéier an der Fondation Pescatore opgaangen as, hu Stecmetzer den Zougank zu de Kasematten am Keller zouge-mauert an MP hun Dag an Nuecht Wuecht der-bäi gehalten. Am groussen Iesszëmmer sin d'Wänn mat risege Kaarten zougedeckt gin, wou d'Stabsoffizier d'Front agezeechent hun.

De Lieutenant Steve White, dee schon den 19. Dezember 1944 op Lëtzebuerg kom war, fir ze hëllefén, dem Patton säin Hauptquartéier anze-riichten an e Büro am «Volkshaus» beluegt hat, deen eng däitsch Verwaltung «im Zuge der Neuordnung» opgin hat, huet vum Kammer-präsident Emil Reuter e Schriewes fir den Direkter vum Sequester Joseph Wolter kritt,

deen him schéint Büromaterial fir dem Patton säi Büro zur Verfügung gestallt huet. Dee Büro gouf am Pescatore um éischte Stack nieft der Kapell ageriicht, ma de Patton souz nët dacks an deem Büro. E war meeschendeels ënnerwee bei séng Zaldoten. An der Kapell vun der Fondation Pescatore soll de Patton säi beriimt Ge-biet fir gutt Wieder gehalten hun.

Fir Kréschtdag 1944 krut jiddfer Zaldot vun der 3. Arméi, wann et nëmme méiglech war, «turkey», Schnuddelhong, an eng Käertchen, wou op deer éischer Säit stung:

«All Offizier an Zaldot vun der drëtter US Army wënschen ech e froue Kréschtdag. Ech hu vollt Vertrauen an äre Courage, äert Pflicht-gefill an äre Geschécklechkeet an der Schluecht. Mir marschéiere mat Muecht virun, fir kom-plett ze gewinnen. Dem Herrgott säi Segen soll haut op Kréschtdag op Iech rouen. G.S. Patton Jr. Lieutenant General, Kommandeur vun der 3. US Army.»

Op dem Réck vun der Käertche stung e Gebiet:

«Allmächtigen a barmhärzege Papp am Him-mel, mir bieden Dech demüteg an dénger grousser Guttheet deen iwwerdriwwene Reen, mat deem mer ze din haten, zeréckzhalen. Géf äis gutt Wieder fir d'Schluecht. Lauschter op äis Zaldoten, déi dech uruffen, fir dass mir mat dénger Muecht eng Schluecht no deer anerer gewinnen an d'Grausamkeet a Gottlosegkeet vun eise Feinden zerstéieren, fir Déng Gerech-tegkeet ënnert de Mënschen an Natiounen an-zeiichten. Amen.»

Um Hëllegen Owend as de Patton an der protestantescher Kiirch an der Kongregatiouns-gaass an d'Mass gaangen an huet de 25. Dezember 1944 a säin Dagebuch geschriwwen: «Gëschter an der Nuecht sin ech mam Codman²⁾ zur Kommioun beim Käerzeliicht hei an der Episkopalescher Kiirch zu Lëtzebuerg gaangen. Et war ganz schéin a mir souzen an dem Stull vum fréiere Keser Wëllem I.³⁾» Noddem de Patton Kréschtdag séng Divisioune besicht hat, déi 4., 5. an 8. Infanteriedivisioun, déi 4. an 10. Panzerdivisioun, huet en owes mat dem Generol Bradley am Hotel Alfa zur Nuecht giess.

Wéi du d'Wieder besser gouf, sou wéi de Patton et a séngem Gebiet gefrot hat, an d'US Air Force och agräife konnt, war d'Situatioun gerett. De 24. Dezember 1944 as d'Spëtzt vun der 2. däitscher Panzerdivisioun, déi zu Dosbuerg iwwer d'Our gaange war, zu Celles, aacht Kilometer virun der Meuse gestoppt gin an de Feldmarschall von Rundstedt huet dem Führer matgedelt, et besting keng Chance méi fir en Erfolleg vun der Ardennenoffensiv. De 26. Dezember 1944 huet déi 4. US-Panzerdivisioun d'Belagerung vu Baaschtnech duerchbrach an déi éischt Panzer si vun Assenois aus no Baaschtnech virgestouss.

Ma d'Amerikaner haten eng Hällenangscht ausgestanen an hun sech den Hänner aus der Box gefaart virun däitschen Zaldoten an amerikanescher Uniform, déi énnert dem Kommando vun dem SS-Standartenführer Otto Skorzeny stungen.

Zu Kolmer hat déi 80. Infanteriedivisioun d'Schlass besat. Virun dem Schlass stung den MP-Sergesant Tom Loftus vun Diamond, Ohio. Op eemool koum en Auto mat engem Mann an der Uniform vun engem englesche Brigadegeneral. Dat as natierlech dem Tom verdächtig virkom. En englesche Brigadegeneral hannert der amerikanescher Front? Sollt dat kee vun dem Skorzeny sénge Männer sin?

«Papers please», sot den Tom.

«I am the Prince of Luxembourg», sot de General. «De Pränz vu Lëtzebuerg?» duecht den Tom. «A wéi as et mam Geesch?»

«Yeh, but well, I'm General Patton and I want to see your papers pronto» huet e gebrëllt, «ech sin de General Patton an ech géif gär direkt Är Pabeire gesinn!»

De General huet séng Pabeire gewisen an tatsächlech: et war de Pränz Felix, dee Brigadegeneral an der englescher Arméi war an no dem Kolmer Schlass kucke wollt⁴⁾.

E jongen Zaldot vun der 3. amerikanescher Kavalleriegrupp, déi eng Zäit laang ronderëm Betebuerg loug, huet eng Jeep mat engem General gestoppt, dee sot, hie wir de General Patton.

«Sir, huet de Bing Crosby Jongen, a wa jo, wivill?» frot den Zaldot.

«My God, my son, ech weess et nët!»

«Naja, wien huet dann d'Army-Navy-Spill gewonnen?»

«My son, ech wees et och nët!»

«Abee jo, General, Dir misst et wëssen, well Dir d'Militärakademie vu West Point besicht hut an Dir misst och wëssen dass d'Army d'Spill gewonnen huet, ma Dir misst nach vill méi virsichtig sin, well wann ech nët esou intelligent wir, hätt ech nët direkt gesinn, dass Dir tatsächlech de General Patton wiirt an Iech scho laang erschoss!»

Neijooschdag 1945 stung en MP op der Kräizung vum Boulevard Royal an der Groussgaass, beim «Volkshaus», wéi op eemool d'Stad vun Aschléi getraff gouf.

Am Hotel Brasseur souz de Captain John Clementi, de Chef vun der Haaptquartéierkompanie vun der 3. Arméi. En as op d'Strooss gelaf a gesouch den MP beim «Carrefour», dee weider de Verkéier gelcet huet.

«Herrgott», huet de Clementi geruff, «beim nächsten Aschlag as den MP drun!»

En as op d'Kräizung zougelaft, fir em ze soen, e sollt an Deckung goen. Ma ier en do war, koum dee nächsten Aschlag. En huet d'Tramsleitung iwwert der Kräizung getraff. D'Splitter sin no alle Säite geflun. Dem MP, deen direkt drënner stung, war näischt geschitt, ma de Captain John Clementi war dout op der Plaz.

De Patton huet en am Haff vum Pescatore opboren a mat militäreschen Éiren um Hammer Kiirfech begruewe gelooss.

Den Aschlag koum vun der neier däitscher Vergeltungswaff V3, genannt «Hochdruckpumpe» udder «Fleißiges Lieschen», déi dem Patton säin Haaptquartéier am Pescatore beschësse sollt.

De 16. Januar 1945 as dem Patton séng 3. Arméi zu Houffalize mat dem Hodges sénger 1. Arméi zesummekom an d'Bëls, «the bulge», den däitschen Duerchbroch war ofgeschnidden.

Ufangs Februar 1945 huet de Patton den Lieutenant Colonel Harold Cohen, de Kommandeur vum 10. Bataillon vun der 4. Panzerdivisioun ruffe gelooss an en huet him den Opdrag gin, Héisduerf ze huelen, well d'Amerikaner waren drop an drun, fir iwwer d'Our an d'Sauer ze set-

zen an Héisduerf war nach ëmmer an däitscher Hand.

An der Nuecht vum 2. op den 3. Februar 1945 huet d'B-Kompanie vum 10. Bataillion Héisduerf a geholl a sämtlech Offizéier ausser dem Cohen si gefall udder verwonnt gin.

Wéi d'Amerikaner dun endlech Héisduerf geholl haten, huet de Lieutenant Colonel Harold Cohen an enger Scheier tëschent Héisduerf an Reisduerf gerascht an op eemool huet e fest geronkt.

Op eemool huet een e gerëselt. Wéi de Cohen d'Aën opgeschloën huet, stung de Patton virun him.

«Son, what do you think you are doing?» huet de Patton gebrëllt. De Cohen huet vun Angscht geziddert, as an de Garde-à-vous gesprongen a sot: «Sir, mir hun elo grad Héisduerf geholl an ech wollt e wéineg raschten.»

«O.K. son», sot de Patton, «dann hues d'et och verdingt, da rascht roueg!»

De 7. Februar 1945 huet déi 5. Infanteriedivisioun tëschent der Weilerbaach an dem Hotel Belair iwver d'Sauer gesat. D'Pionéier hun eng schmuel Pontonbréck gebaut, déi grad breet genuch war, dass eng Jeep driwwer fuere konnt.

Iwwert der Sauer loug nach Niwwel, wéi de Patton an enger Jeep iwvert d'Bréck gerannt as, déi nëmme knapp iwvert dem Waasser loug. D'Zaldote ware bass erstaunt, wéi de Patton op eemol ënnert hinne war a kuerz drop konnt een an der Arméizeitong «Stars and Stripes»⁵⁾ liesen:

«Aus der Nuecht voll Niewel as op eemol de General George S. Patton opgedaucht. 'Huel d'Boter zeréck', huet e gebrëllt, 'déi verroden äis duerch hiren héijen Émrëss! Mir schwammen!'»

D'Naachen hun an der Mëtt vum Floss d'Kéier gemat an d'Zaldote sin erëm op den Uwenner gekroch. Se hu gezéckt fir ze schwammen. Ma de General huet gehandelt. En as déif an d'Waasser crageschréckt an huet ugefaangen ze kraulen. Wéi en an der Mëtt war huet en sech nach ëmgedréit an en Zecche gin. Elo hun och d'Zaldoten sech an d'Waasser gewot a sin iwvergeschwommen.»

Esou entsteet eng Legend, well eng Mass vun Zaldote vun der 5. Infanteriedivisioun sin haut nach dervun iwverzeegt, dass de Patton duerch d'Sauer geschwommen as.

Den 19. Februar 1945 huet de General Eisenhower dem Patton erlaabt, déi 10. amerikanesch Panzerdivisioun anzesetzen, fir de Saar-Musel-Draieck ze degagéieren. Ma de Patton wollt onbedeingt déi al Réimerstad Tréier huelen.

En huet déi 10. Panzerdivisioun an déi 94. Infanteriedivisioun op Tréier gejet. De 27. Februar 1945 huet en de Bradley ugeruff, fir en ze froen, wéi laang en déi 10. Panzerdivisioun nach hale kënnt. De Bradley sot, en dicrft se nach 48 Stonnen halen, da misst en op se verzichten.

Wéi de Patton den 1. Mäerz 1945 Tréier nach ëmmer nët a geholl hat, as en op Baaschtnech bei de General Troy Middleton vum VIII. US-Corps geflun, sou dass en nët um Tëlefon ze erreche war.

Mëttes géint 14.15 Auer, wéi dem Lieutenant Colonel Jack Richardson séng Panzer schon am gang waren an Tréier anzerécken, koum en Tëlegramm vum Eisenhower aus dem SHAPE un, dee gesot huet, e sollt Tréier ëmgoen, well en op d'manst véier Divisioune bräicht, fir et anzehuelen.

De Patton huet direkt geäntwert: «Mir hun elo grad Tréier mat zwou Divisioune geholl. Wat soll ech maachen? Soll ech et de Preisen zeréckgin?»⁶⁾

De 16. Mäerz 1945 koum de General Eisenhower op Lëtzebuerg op Besuch. En huet fir d'éischt dem Bradley séng 12. Armégrupp besicht an du dem Patton séng 3. Arméi.

De Patton huet den Eisenhower an der Fondation Pescatore empfaangen. «Dame d'honneur» um Dësch war dem Patton séng Niess Jean Gordon.

D'Jean Gordon war d'Duechter vun dem George Patton sénger Fra hirer Hallefschwëster. Si war Routkräizschwëster an am Summer 1944 opgedaucht.

Wéi d'Jean Gordon am Summer 1944 beim Patton zu London war, hun d'Leit sech Froe gestallt, wat fir e Verhältnis di zwee mateneen hätten.

Wéi de Patton den 18. Dezember 1944 d'Jean Gordon mat engem Spezialflieger vun Nanzeg op Paräis brénge gelooss huet, well d'Ardenennenoffensiv ausgebrach war, hun d'Leit sech nach méi Froë gestallt.

A wéi d'Jean Gordon am Fréijor 1945 an der Fondation Pescatore «Dame d'honneur» gespillt huet, hu béis Zonge gemengt, de Patton hätt eppes mat sénger Niess.

De Patton hat säin Haaptquartéier an der Fondation Pescatore bis de 26. März 1945. Dunn as et no Däitschland virugeréckt.

Wéi de Patton dem Eisenhower séng Entnazifizierungspolitik kritiséiert huet, as en als Kommandant vun der 3. Arméi ofgesat gin a gouf Kommandant vun der 15. Arméi, enger «Pabeierarméi», déi kee strategesch Gewiicht hat. De Patton huet d'Zäit domat cloutgeschloen, dass en op d'Juegd gaangen as.

Sou as en och sonndes, den 9. Dezember 1945 mat séngem risegen, schwaarze Cadillac 75 Special mat aacht Sëtzer op der Strooss no Speyer ënnerwee, fir do op d'Fasanejuegd ze goen.

Um Steier vum Cadillac sëtzt den Zaldot Horace L. Woodring, hannen am Auto, deem séng Strapontins ëmgeklappt sin, sëtzt de Patton mat séngem Stabschef, dem General Hobart Gay. Déi zwee diskutéiere mateneen an se hun d'Glasscheif hannert dem Chauffeur zougemat, fir dass deen hiirt Gespréich net matkritt.

Virun hinne firt e Jeep, an deem den Sergeant Spruce mat dem Patton séngem Bullterrier «Willie» sëtzt.

Zu Mannheim gin se vun engem MP-Kontrollposten ugehale. De Patton hélt bei deeren Geleenheet de Willie bei sech an de Cadillac, fir dass en net ze kal soll gin.

Wéi se duerch d'Käfertaler StraÙe gefuer sin, koum hinnen en 2,5 Tonnen GMC-Camion entgéint, an deem de schwaarze Chauffeur Thompson gefuer as. Den Thompson as laanscht de Jeep vum Sergeant Spruce gefuer a héit op cemoor virun dem Patton séngem Cadillac no lénks of, fir an en Dépot op der lénker Säit ze fueren.

De Woodring, dem Patton säi Chauffeur, krut net méi zur Zäit gebremst, wéi de Camion him

de Wee geschnidden huet an an enger décker Strébswollek sin se aneneegerannt. De Woodring as aus dem Auto gesprongen an huet de Chauffeur vum GMC vernannt, de Willie um viischte Sätz huet gebillt wi rosen, och dem General Gay war näischt geschitt. Nëmme de Patton war blesséiert an huet op der Stir geblutt. Ilec souz um Bord vum Sätz wéi de Cadillac an de Camion gerannt as. En as géint d'Glasscheif hannert dem Chauffeur geflunn an huet mat dem Kapp eng Auer geroden, déi iwwert dem Glas war. D'Auer as futti gefuer an huet en un der Stir verwonnt. Op eemol sot en: «Lich mengen ech si gelähmt. Lich hu Schwicregkete fir ze ootmen!»

Hannert dem Patton séngem Cadillac koum e Mercedes, an deem zwee jong MP-Leutnants souzen, de Lieutenant Peter K. Babalas an de Lieutenant John Metzger vun der 818. MP-Kompanie. Si ruffen eng Ambulanz, déi de Patton an d'Militärpidol 130 op Heidelberg bréngt. Do gët festgestallt, dass en den drëtten Halswirbel gebrach huet, sou dass d'Äerm an d'Bec gelähmt sin, och d'Ootmung an d'Verdaung funktionnéire net méi.

Flef Deg réngt de General Patton mat dem Doud, ier en den 21. Dezember 1945 um 17.45 Auer duerch Häerzversöë stierft.

Bis elo war nach kee Gefalenen aus Europa no Amerika bruecht gin, fir do begruewen ze gin an de Patton soll och keng Ausnam maachen. Mrs. Beatrice Patton léisst e séngem Wunsch no téschent den Doudege vun der 3. Arméi begruewen a si entscheet sech fir de Militärkiirfecht vun Hamm. De 24. Dezember 1945 gët de Patton zu Hamm begruewen. Bei der Lued lait e Kranz mat der Schrëft: «The Grand-Duchess and the people of Luxembourg to their liberator.»

1) De Majorer Pierre Heckmann huet de 9. Januar 1919 d'Fräiwëllegekompanie kommandéiert wéi se gemeutert huet an déi entlooss gouf.

2) De Lieutenant Colonel Charles Codman war dem Patton säin Aide-de-Camp.

3) Den däitsche Keeser Wëllem I. soll am Éischte Weltkrich am diier Bänk gesiess hun.

4) Stars and Stripes 2. Februar 1945.

5) Stars and Stripes 17. Abrëll 1945.

6) Charles Whiting, Sturm zum Rhein, S. 39.

Will Reuland

De Fëscher

Zënter uralen Zäiten huet et de Mënsch un d'Waasser gezun, well hien instinktiv gefillt huet, datt do Rou a Fridden ze fanne wieren. Et as och haut nach esou. Vlächcht méi wéi je sichen déi ausgerangéiert Mënschen d'Waasser op, fir do Rou a Fridd ze fannen. Vlächcht hun si och dës Etappe matgemat:

Et plot sech ëmmesch wéi hie kann,
fir Geld a Suen ze verdéngen.
Et plot sech also Jann a Mann
a muss sech alt derzou erkéngen
fir deem an dësem nozetrieden,
wëllt hien nët ëmmer heeschen, bidden.

Dir huet är Sucrgen Dag fir Dag,
Dir sid gehäit mat äre Konten;
Dir laacht den Aktien am Gefaach,
well si nees monter klamme konnten.
De Mënsch, déi bëllegst vun all Wueren,
deen as am Fong verdaamt ze spueren.

Dach enges Daags, da spiirt hien dann,
elei, elo, verschidden Zeechen,
déi hien nët mëssverstoe kann,
an déi him d'Hor sougur vlächcht bleechen.
Si wëlle klor an daitlech soen,
hie soll sech nët zevill méi ploen.

Dir gleeft nët drun a sot nët of,
bis datt déi Zeechen daitlech wiirken.
Si stielen iech de beschte Schlof,
dir kënnt iech nët méi richtig stierken.
Dir gitt nervös an ongehalen,
well leschten Enns är Aktie falen.

Huet dir bal all Courage verluer,
loosst dir de Kapp alt deglaang hänken,
da gitt dohin, wou d'Rou gebuer,
wou Wäin a Schéinheet iech beschenken,
da gitt bei d'Waasser, ouni Zécken,
dat kann zerrasse Nerve flécken.

Jo, dat wir en Auswee fir Rou an Erhuelong ze fannen, déi een émsoss lénks a riets an der Noperschaft siche geet. Natürlech musst der iche, wann der wëllt Fëscher gin, déi néideg Saachen uschaffen, ouni déi et nët geet. Vlächet esou:

Géi a kaf dir och eng Staang,
 nët ze schwéier, nët ze laang,
 grad op d'Mooss, wéi een se brauch,
 't läit dann e bësschen och um Bauch.
 Op alle Fall vergiess och nët
 ewéi s du dann op Schrëtt an 'Trëtt
 am Ufank midd an hongreg gës;
 eng Extra-Kur, sief dees gewëss.

Hues du dann eng Plätzche fond,
 déi dir Freed a Rou ka gin,
 fills du dech schons bal gesond,
 du kriss eng ausgeroute Minn.
 An d'Waasser séngt dir Lidd fir Lidd,
 du gës der Melodie nët méi midd.
 Da kritt och villes neie Glanz,
 du hues genuch vun all Gegranz.

Deglaang bas de wéi e Kand,
 dat am Schaf Karmelle sticht;
 alles geet der vun der Hand,
 gët vu Fëscheren erzielt.
 An d'Zäit vergeet da vill ze lues,
 bis du d'en neie Congé hues.
 Du kucks alt heemlech no der Staang,
 well d'Woch as dack onheemlech laang.

Wann s du mat esou enger Léift zur Saach fësche gees, erliefs du schéi Stonnen um Waasser. Du fills dech dann ewéi e Kinnek, esouguer wa kee Schwanz ubäisst. Du gesäis duurch dech selwer, léiers dech selwer besser kennen a fënds um Enn, datt et sech guer nët rentéiert, sech fir dëtt oder dat nach opzeregen.

Wéi gesot, du fills dech ewéi e Kinnek, an all déi deeglech Dommheten, déi engem d'Liewen hei an do schwéier maachen, dreiwe mam Waasser fort, well:

Roueg gin,
 beim Waasserspill,
 Fëscher sin,
 e schéi Gefill.

D'Niwwel-Rou
 déi schwieft u Land.
 Si mécht dech frou
 ewéi e Kand.

D'Zäit vergeet
a leeft dir fort.
Vergjess as d'Leed
bei dësem Sport.

Fëscher gin,
dat as eng Gnod
fir déi do stin
an aler Wot.

Et as nët liicht Fëscher ze gin. Et muss ee léieren sech beherrschen. Et muss ee léiere Gedold ze kréien. Eréischt wann een déi kribbleg Iwwergaangszäit hannert sech huet, dann huet een et et gepackt an et entdeckt een all Dag erëm nei Schéinheten um Waasser, éier déi ancr Schong an Huesen unhun.

Wa mueres d'Musel d'Aë reift
an hiren Otem d'Wiss aus schwieft,
den Dag ëm d'Sonn den Niwwel wieft,
de Wénzer nach am Dueref bleift,
da steet de Fëscher schon u Land
a mécht sai Fëschgeschir an d'Rei.
Hien huet och extra Fëschgezei
a fret sech wéi e klinzeg Kand.

Vergjess as d'Welt mam Duercheneen,
vergjess si Suergen, Schaff a Plo.
An as dann nach den Himmel blo,
da gët et deen Ablack wuel keen,
dee méi erléist a frou kënnt sin,
a méi mat sech zefridden as.
Méi Gléck huet keen op engem Schlass,
wéi d'Fëscher, déi beim Waasser stin.

Een, deen nët Fëscher as, schmunzelt elo vläicht matledeg iwwer déi Begeeschterong. Dat soll hien, wann hien drop hält, well och dann as d'Freed um Waasser nët méi kleng.

Mir gin nët fëschen fir Gärecher voll Fësch mat heem ze huelen. Mir gi fëschen aus Spaass zu der Saach. An hei ands do geet et dann och alt esou, wéi et an dene Versen elei geschriwwe steet:

D'Fësch, déi wellen nët méi bäissen,
an as de Kär och nach sou gutt;
an d'Sonn, déi huet iech keen Erbaarmen,
si schéngt schéi staark op ären I lutt.

D'Waasser kluckst iech da schéi monter
ëm d'Been a rífft geschwënn den Duuscht.
Du zwéngs dech laang fir nët ze lappen
a wüirks alt daper un der Kuuscht.

D'Sonn laacht weider voller Feier,
du fills de Schweess op dénger Stir;
d'eng Zong gët pecheg an och dréchen,
du kucks schons heemlech nom Gefir.

¶T spréngt wéi Gold um Waasserspiegel,
de Stëppche muckst sech glat n'et méi,
a letzten Enns, et as ganz sécher,
kriss du och nach d'eng Aë wéi.

Aanrer si schons laang verschwonnen
a sätze ganz kammoud beim Wiirt;
si drénken hire kille Pättchen,
si hun sech n'et esou laang gewiirt.

Donnerknippchen, denks du endlech,
du bas dach komm fir Freed ze hun;
ma Duuscht ze kréien as en Ierger,
et geet och n'et op ee Fësch un.

D'Fëschstaang lees du brav dohinner,
dann as si spéider gläich parat;
du méchs den Deckel op all Këschten,
da bleiwen d'Kären och schéi glat.

D'Gloust vum Wieder dreift dech séier
Duerech d'Wiss op d'Muselstrooss;
du sätz nach kaum an d'engem Auto,
dann hues du hie schons ugelooss.

Wäin as dann dat richtegt Mëttel.
Du hues och nach am Schiet d'eng Sonn
as si da géint de schmeiren Owend
ganz schimmeg ëm eng Kopp verschwonn.

Vläicht fëschs du nach eng Stënnchen,
du hues och vläicht scho Fësch genuch;
op alle Fall, du bas zefridden,
a bas e Fëscher wéi am Buch.

Esou eppes kënnt emol vir, gewéinlech awer hält een daper aus, agewéckelt an déi klor Rou, ëmgaacht, ëmsonge vum Gemëmmels vum Waasser, dat frou a monter déi kleng Wellen u Land schéckt, wéi wann et wëllt mat dir spillen.

Du bas ewéi verzaubert:

De Stëppchen danzt keck op de Wellen,
säin Dänzche vu Rou a vu Fridden,
a wann hie mol hei and do wibbelt,
dann hues du den Himmel heinidden.

Wann uewen op stëbsege Stroossen
vill Mënsche laanscht d'Schéinhete rennen,
da looss se dach nëmmen do wëschen
an Deus Benzinus verbrennen.

Déng Zäit schéngt am Waasser ze schmëlzen,
mam Draft an d'Vergiessen ze dreiwen;
du gës esou liicht an sou roueg,
et as iech bal nët ze beschreiwen.

Den Dag, dee verkräicht sech an d'Hecken,
wann d'Nuecht aus dem Waasser wëllt klammen;
du stees nach beim Waasser ze biten,
spillt d'Sonn an den ieweschte Gammen.

Hei and do, do krite keng zéng Päerd dech vum Waasser ewech. Et as dann ewéi wann s du, am plaz vun engem Fësch ugebass hättst an nët méi lass kéims.

Ma hei and do kommen och traureg Gedanken op, wann s du grad vum Dreck am Waasser gelies oder gehéiert hucs; oder wann esouguer den Dreck dir bis virun d'Féiss geschwomme kënnt. Dann zwiwels du och un de Frede vun der Fëscherei, well nët all Mënsch dat Gléck huet, sech eng prop-per Fëscherei kënnen ze leeschten.

An esou Momenter kënnst du dann zu där Iwwerzegong, datt et eis eigentlech an dene klengste Saache nët vill gedéngt huet, datt d'Mënschen haut esou gescheit sin.

De Mënsch as wüirklech haut gescheit,
e flitt jo schon bis op de Moond;
hie geet an d'Héicht, hie geet an d'Weit,
hie fënt, wat nimools ee géoont.

De Mënsch huet wüirklech haut vill Geescht
a mécht aus näischt déi schéinst Maschin;
hien huet a kurzem vill geleescht,
a wëllt, weess Gott, nach gär wouhin.

Hie schwieft mat sénger Wëssenschaft
an enger Zukunft ouni Enn;
hien huet Onheemleches geschafft,
ma de Mikrob, dee reift sech d'Hänn.

Mat Recht, well och déi schéinst Rakéit,
a flitt si nach emol sou wäit,
as nët amstand an déit
déi gréisste Wonn vun eiser Zäit.

Déi Wonn, duurch déi eist Waasser stiirft,
déi Wonn, déi haut zu eiser Schan
schon alles sténkeg fierft,
déi Wonn, fir déi mir nët vill man.

Wat déngt de schéinste Lorbelkranz,
wann d'Waasser ëm eis Dire sténkt;
wat hu mir vum Rakéitendanz,
wann d'Krankheet aus dem Waasser wénkt?

D'gëllen Auer

No fofzëng, zwanzeg Joër
as 't haut e schéine Brauch,
deen een dee kritt scho Groer
deen aanren zillt e Bauch.

Mä all hu mir ze gutt
vum Chef eng gëllen Auer,
versuergt dat Stéckche gutt
dass e Geschenk vun Dauer.

Hanffs Néckel aus der Minn
war och scho Jubilar,
bei deem kann ee gesinn,
déi Borschten déi si rar.

Hie wëllt keng Auer huelen,
léisst sech kee Cadeau man,
wann hien se kënnt bezuelen
wär vläicht eppes ze man.

De Chef deen hat e Plang
a mécht him des Propos.
Fir d'Auer géf 10 Frang,
dat bleift jo an der Mooss.

Dun hëlt den Néckel d'Auer
leet 20 Frang dohin,
hien hat bestëmmt gattswouer
méi schéin nach keng gesinn.

De Chef deen hat keng Mënz,
nët emol 10 eenzel Frang
hie seet zu eisem Pränz,
«Ech hun en anere Plang».

Hei huel däi Geld erëm,
well d'Auer as jo bëlleg,
a kënns d'och nët erëm
da bleifst de s'ebe schëlleg.

«Dat wëll ech och nët hun»,
sot dun den Néckel sauer,
«Wann där keng Mënz wëllt hun,
da gët mär nach eng Auer»

* * *

Wie schon emol d'gëllen Auer kritt,
deen a geschwënn um Enn vum Lidd.

Vi. Ro.

† J. Feltes

Lëtzebuergesch an Englesch

Datt eis Sprooch mam Englesche Familien as, dat hu mer schonn an allerhand Artikelen a Brochure liese kënnen. Et geet do awer meeschtens Ried vun de Wieder, déi sech an de béide Sprooch gläichen, vrun allem am Zesammenhank mat der zweeter Konsonantemutatioun, déi jo am Engleschen esou gutt wi guer nët, a bei eis nëmmen deelweis gewiirkt huet. Hei soll duefir, ouni vill System, emol Rieds goen, fir d'éischt vu verschiddenen opfällige Lautgewunnechten iwerhaapt, an da vun e puer grammatesche Kuriositéiten.

Béid Sproochen hu keltesch a romanesch a germanesch Elementer veraarbecht, wann och besonnesch den Dosage verschidden as. Esou erklärt sech Gläiches a Verschiddenes no rechts an no lénks.

Mir hu grad wéi d'Englescht d'Tendenz, aus den einfache Vokalen Diphthongen ze man, an esou hu mer e Stéck ër zing oder och méi, wi z.B. a grouss, méi, wäit, Ried, nei, bauen, Haus, fueren, an di meescht dervu gläichen den engleschen, besonnesch och déi mat dem schwaachen a um Enn (centring diphthongs), wann och emol d'Quantitéit verschidden as. Krou (cruche) as méi ewéi crow (corneille), déi (ceux-là) méi kuurz ewéi clay (jour), Eil (hibou) méi kuurz ewéi isle (île). Mä d'Erscheinong an domat vläicht di psychologesch Grondhaltung sin di selwecht.

Mir fänken d'Vokalisatioun nët un, wi am Däitschen, mat enger klenger Explosioun am Larynx, wi wann ee virun all Ufanksvokal liicht ging houschten. «Das / eine / aber / ist / auch / erwisen.» Dat man d'Engländer och nët. Mer iwerloossen et aneren, hiirt Stëmmorgan esou onnëtz an esou onschëin ze strapazéieren. (Attaque douce – attaque dure.)

Grad wi d'Englescht hu mir keng anormal Vokalen, d.h. alt keng gerënnt Frontvokalen, esouer wi an dünn an a schön. Aus engem fichu

ma mer e Fische, aus engem mètre cube e Meterkibb (fir Mücke, Brücke huet d'Englescht och midge, bridge). Aplaz Türe hu mir eng Dir, an do gesi mer zugläich, datt mer grad ewéi d'Englescht den Endungs-e fale gelooss hun, an och wi d'Englescht den d nit zum t gemaach huet.

Ganz wi am Englesche gebrauchte mir séier dack déi schwaach Wuertformen. Onbetount heescht et de, se, der, et, en, géint betountem du, si, dir, hatt, hien. Kommderr? Kommt dir! Oder an den zesummegeeschmte Wieder kréie mer den neutrale Vokal e aplaz vun engem Vollvokal: Außenzeit (Aus-scen-zäit), eng Ceteციონ (citation en justice), Passpert (passe-partout), Dommegentri (dommage-intérêt), Krokedill, Fisematenten (visum authenticum), Wulpert (Willibordi porta). Englesch z.B. forehead (forid) oder waistcoat (weskit).

Mer hun eis dack gewonnert, datt een esou gehäit as mat der geschwate Form vun den engleschen Uertsnimm. (Cirencester – Sisiste; Congresbury – Kumsbri; Slaugham – Slaefem), mä dat hu mir grad esou mat Biddesch – Buder-scheid, Bigdescht – Büderscheid, Giewel – Goeblingen, Schuller – Schouweiler, Wuclessen – Wahlhausen.

Den dynameschen Akzent werfe mer bei franséische Wieder no vijhenzeg (nach vorne): de Butek, en Tirang, eng Bougie, vill méi wi am Däitschen a bal grad ewéi am Engleschen hautjesdaags. Zum Chaucer sénger Zäit huet ee jo wuel an England di geléint franséisch Wieder meescht nach betount wi a Frankräich: Manere, prisoun, colour, treason (trahison), awer haut manner, prison, colour, treason mat dem Akzent op der éischer Silb.

An dann hu mer nach eppes Apaartes vis-à-vis vum Däitschen, a wou ech och bal gär ging soen, 't wär am Englesche grad esou, dat as d'Betounong vun den zesummegeesate Substan-

tiven: Hausdir, Kellertrap, Broutmull, Brout-ruecht, Bouneblat, Gaardeboun, Kiirchhinnen, Bakuewen, Kachläffel, Scheierpaart, Botterkuerf, Kuelebootsch, Häwon, Kiirchtur, Plourad, Päerdstrap, Gromperekuerf a.e.w., wann et och soss anescht as, wi a Broutkaart, Blumme-stack, Päerdstall, Kuelentëmmer, Waassertur, Gromperestéck oder Schreifdësch. De Prinzip dovun as mer nit ganz kloer, mä 't schéngt wi wann do e psychologieschen, semanteschen oder historesche Problème wär wi beim bekannte level stress (even stress) vum Engleschen, wou och nach laang nët alles opgekléiert as. Et geet jo an eiser Sprooch an am Engleschen nët esou pedantesch eraf. 't héiert een dack, am Franséische géif iwerhaapt keng Silb extra betount, an d'Impressioun vun enger Betounong op der leschter Silb kéim dovun, datt et eben do afbrécht. Duefir ging et sech vläicht verdedege loossen, am Englesche géiwen di Komposita mat level stress wesentlech op dem leschte Stéck betount, di aner op dem éischten. A glass case, mat nëmnen engem Akzent, eng Këscht mat Glas dran, mat zwéin Akzenter, eng gliese Këscht. Di syntaktesch Verhältnësser vun denen zwee Elémenter si jo zesammenzesichen, an dat Physiologescht muss sech jo mat Apparaten nokontrolléiere loossen. Villes wäerd jo och dervun ofhänken, wéi fest a wéi al esou eng Verbindung as. (cf. e Kicheschiirtech, e Botzschiiirtech.) Eppes an deem Genre hu mer iwregens nach an «en Tour oder e Türche man, en Tëmpchen halen, eng Parti man, eng Päifchen dämpfen»; awer du muss den Tour (le détour) man, eng Keleparti man, eng Rees man.

De kurzen n virun engem Wuert, dat mat engem nët homorgane Konsonant ufänkt, (all bis op n, d, t, h: en alt Buch, e schéint Buch, en neit an en deiert Buch) fällt bekanntlech bei ons ëmmer aus, wann d'Verstoen et nëmnen erlaabt. Am Engleschen hu mer eppes wi de mobilen n beim onbestëmten Artikel. (A book, an old book; beim Spenser och nach an house).

Eng Verbindong ong gët et am Däitschen nit, wuel awer bei ons an am Engleschen: jong (attributiv), jonk (praedikativ). A wann een de méiglechen Entourage fir all eis Phonème ging ënnersichen, da ging ee vläicht nach allerhand entdecken.

An ons ganz Manéier ze schwätzen (base d'articulation) kënt mat hire moderéierte Bewegongen dem Englesche méi no wi dem Däitschen. De Shakespeare fënt et esou schéi vum Cordelia am King Lear, datt et ëmmer douce geschwat huet. De Contraire hu mer jorelaang mussen unhéieren.

Nun nach e puer grammatesch Partikularitéiten.

Mir hu jo dien egene Genitiv mat dem Progressivpronon: «dem Kann sai Buch.» De Pendant duerzou gouf et laang och am Engleschen, vum XV. bis wäit an d'XVII. Jorhonnert eran, wi mer an der Geschicht vun der Sprooch geléiert hun. D'Genitivendong war -es gewiescht, dann och, wéint der Aussprooch, -is oder -ys. Zu der selwechter Zäit as d'Possessivum his ouni h geschwat gin, an du as déi Form mat der Genitivendong verwiesselt gin. The kyngis soune, oder the kyng-ys soune as du the king his soune geschriwe gin, an duerop als eng fest Konstruktioun mam Possessivum emfonne gin. A wi dat sech an de Käpp festgesat hat, koum de Plural mat «John and Peter their books» an d'Femininum mat «Mrs. Francis her dress» och no. Populär seet een nach haut «I prayed for my son's his health».

Am Engleschen huet een eng Rei Substantiven, namentlech Nimm vun Déieren, di kee Pluralzeechen hun: fish, swine, deer, sheep. Dat hu mir och, an e parallele Plural zu mouse a louse. A wi d'Englescht hu mer synthetesch an analytesch Komparativen niefteneen (better, more useful, besser, méi nützlech).

Eist «wannste» (wann s de) sall nom Modell vu kannste (kanns de) gemaach sin (kann – wann), ma de Prolog zu de Canterbury Tales fänkt u mat «Whan that Aprille...», wiertlech «wann dass den Abrëll...», an et fënt een och «When as you went», «wann as de gung». Doniewent gët et awer nach iirste... (avant que tu...) an obste (ob du...).

Bei enger ganzer Parti vun engleschen Infinitivsätz, namentlech och Finalsätz, muss een den neie Sujet aféiere mat for. It is an excellent thing for them to do. The house is too small for a whole family to live in (als daß...). There is a custom for the girl to take her engagement ring to church on Sunday. It was sufficiently late in

the year for the orchards to be ruddy with ripe apples. We are to go again on Sunday for him to see the children (pour qu'il...). Am Däitsche kann ee wuel och soen «Ich schrieb es auf, um es zu behalten» aplaz «damit ich es behielte», awer nët «um ihn es durchzulesen» aplaz «damit er es durchlesen könnte».

Am Lëtzebuergesche gët et awer dat clei: Ech féiere Sand an de Gaart fir d'Kanner ze spillen (for the children to play). Dat as kurz a kam-moud a mat engem intransitive Verb och kloer. (Mat anere Praepositione kritt een am Engleschen den Gerund, bei ons och den Infinitiv: Dat Stéck as esou verdlämmert vun de Kanner driwerzelaufen.) Mat engem transitive Verb kënnen

esou schro Saache virkomme, wi ech eng als Bouf emol verlauschtet hun, dass d'Botter-fraen eng Kéier samschdes vum Maart komm sin. D'Léini war soss eng gutt Séil, an de Procureur hätt sech et zweemol beduecht, ir en eppes do gemaach hätt. Mä esou huet et awer gesot: «Ech hun en neit Messer beim Neiberg kaaft fir eisen Hari ze schluechten.» Den Hari as an der Küirmeswoch an d'Haiser gaang, a fir e puer Frang huet en de Baueren d'Schwäi geschluecht an di Boddien, déi se zënter Bartelméis oder Biebrecher Maart gemäscht haten.

Aus: Festschrëft «dem Nik Weiler fir säi 75. Gebuertsdag iw'werrecht». Zënt Paulus-Dréckerei, Lëtzebuerg, 1946.

D'Fra aus der Virstad

De klenge Jong hat zwee Päerd. Mat denen a mat séngem Papp huet hien am Hierscht Gromperen an de Säck an d'Virstad gefouert. Wat as do geschitt? Wat huet hien do gesinn? Ënner anerem d'Virstadfra. Eng Virstadfra läit an der Fënster. As üppeg. Déck. Huet Risebrëscht. Déi fale bal aus der Fënster eraus. D'Virstadfra jhickt Tubak. Eng gutt Zort. Späitz bis bei d'Nopesch hin. Léint hire Jhicktubak der Nopesch. Fir fënnf Mol ze späizen. Dee vun hir scho mol Gejhickten. Fir datt déi och emol fënnf Mol späize kann. D'Virstadfra huet e Mann. dee keeft Kanéngercherspelzer. Jäizt derbäi: Pälze. Pälze. Zéit duerch d'Dierfer.

Männer vun anere Virstadfrae fänken Honn. Dat soll gutt sin. Oder Kazen. De Schwanz ofgeschnidden soll dat no Kanéngche schmaachen. Wann d'Virstadfra Wäschdag huet, lääft se plakeg dorëmmer. Bis d'Wäsch dréchen as.

Dem Papp séng Grompere gin ënner Gegrommels vun der Virstadfra bezuelt. Mä si bezuelt.

Si as éierlech. Dofir och späitz si der Nopesch nëmme virun d'Dir, wann si rose mat hir as. Soss as si eng léif Persoun.

Néng Männer vun néng Virstadfrae bilden eng Ausnam. Dës néng hun e Pissvertrag ofgeschloss mat der Händschefabrik. Mat der Gierwerei. Déi néng drénken all Dag esou hir fënnf bis zéng Humpen am Gronn. Da marschéieren si op d'Helleggeschtskasär lass. Pissen do an ä fir si opgerüchte Pissoir. Nëmnen si duerfen do pissen. Keng Fra während der Menstruatioun. Kän. Guer kän. Nëmnen si. Déi néng. D'Piss as an engem spezial ugefäerdegte Kanal bis an d'Gierwerei gelaf. Fir do ze déngen zou enger spezieller Zort vun Händschefabrikatioun. Dat waren déi néng Pisserten aus dem Gronn. D'Männer vun néng Virstadfraen. Hun ni Honger an Duuscht gelidden. Duerch d'Piss. Jo. Amen.

L. K.

Zu Fouss vu Biwels op Santiago de Compostela

(Usprooch vum Adrien *Ries* virum de Veiner Geschichtsfreänn, gehalen zu Veinen an der Lärei, Freddes, den 13. November 1987)

Här President, léif Geschichtsfreänn,
Dir Dammen an Dir Hären,

Freddes, den 1. Mee 1987, um Fesdag vun der Aarbecht, fänken ech ee speziellen Déngscht un: vu méngem Hemechtsduerf Biwels aus maachen ech mech op de Wee no Santiago de Compostela, enger Stad am färe Galizien, um Wupp vun Europa. Dëst as kee gewéinlechen Tréppeltour, mä e Pilgergank. A méngem Häerz schléift een alen Dram vu Stären: wéi Milliounn Mënsche viru mir wëll ech der Mëllechstrooss nogon, ëmmer an de Westen, zur Owessäit, bis un de Finisterre, wou bis 1492 eis kleng Welt opgehalen huet.

Méng Fra a méng zwee jéngst Kanner gin déi zwéin éischt Deg mat mir. Mir klammen den Niklosbierg erop, nodeem ech dene puer Biwels déi eis am Duerf begéinen äddi gesot hun. Sträize Kätt deet wéi esou dacks Kreesch an der Ënneschtgaass an dem Nick säin Tilly rëselt de Kapp. Ënnerwee wärden se nach dacks de Kapp rëselen, wann ech hinne verzielen, datt ech zu Fouss a Spuenië gin. Um Bockel droen ech mäi fonkelneie Rucksak mat zéng Kilo Gepäck, dobäi ee Schlofsak a soss alles, wat e brauch, wann een zu Fouss geet.

Am Bësch aus der Tandelerbaach erop op den Huschterhaff gët dee Rupsak bäi all Schrëtt méi schweier. Zum Gléck si méng Féiss, méi wéi mäi Réck, dru gewinnt sech ze kujenieren an ze ploen. Bäum May a bäim Jos zu Branebuerg hale mir déi éischt Rascht. E ganzen Trapp jong Hollänner mat hirem Schoulmeeschter maachen is et no a loossen sech deen décke Maufel an dee kille Patt gutt schmaachen. Dës Hollänner sin déi éischt vun e puer dau-

send Fricmer mat denen ech ënnerwee Bekanntschaft maachen. Lëtzebuerger begéinen ech keng um Wee; si fuere sécher alleguer mam Auto oder mam Fliger.

99 Deg méi spéit, de 7. August 1987, och op engem Freddeg, nomëttes géint halwer fënnef, gin ech an d'Kathedral vu Santiago de Compostela ran. D'Kiirch as struppévoll Lëtt. Ech stelle mäi Rucksak op de Buedem, ech knéie mech virum Altar a wéi vill aner Pilger kessen ech d'Stengeplatte virum Kapp vum Hellege Jhak. Ech soen eiser Härgott an dem Hellege Jhak merci, datt ech gesond a monter zu Santiago ukomm sin. Mäi Réck huet sech scho laang un de Rucksak gewinnt. Méng Féiss si méi aläert wéi nach kees. Iwwerhaupt fillen ech mech kierperlech a séilesch fit. Mäi Kapp drummt nach vun allem, wat ech ënnerwee erlieft hun, vun all dene schéine Saachen, déi ech gesinn hun, vun dene ville Mënschen, jonker an aler, déi ech kenne geléiert hun.

An dach kann ech nët richtig frou sin. Wat ech méi laang do sëtzen a mat mir selwer hucken a brucken, wat ech méi onzefridde gin. Ech brauch eppes Zäit bis ech versti wat mat mir lass as: de Pilgergank vu Biwels op Santiago läit nët hei zu Santiago, mä ënnerwee. Ënnerwee sin as méi wichteg wéi ukommen. Ënnerwee sin as dat wat zielt. Wann een da bis do as, dann as et op eemol riwwer mam ënnerwee sin. Kee Wonner also, datt ech, wéi esou vill Pilger viru mir, de Kapp hänke loossen.

Da rappen ech mech um Bidong an huele mäi Buch aus dem Rupsak. Mäi Buch dat as d'Bibel. Ech hu soss näischt matgeholl fir ze liesen. Mäin Noper erfériert wéi hie mech héiert haart liesen:


O wat as dat jo eng Freed fir ze pilgeren!
(Psalm 132).

Fir wat sin ech op Santiago gaang, dohannen a Spuenien, jhust iwwer der Grenz mat Portugal? Fir wat nët op Roum mam Goethe sénger «Italicische Reise» am Grapp? Oder op Jerusalem, där schéinster Stad vun der Welt, vun där de Psalmist seet: méng riets Hand sollen se mir rofschloen, wann ech dech vergiessen, Jerusalem! Dobäi geet den europäischen Touristepad Nr. 2 zu Biwels viru ménger Hausdir laanscht; deem Pad no kéim ech op Nice an op Marseille, vun do mam Schëff bis Haifa, an dann, eisem Här Jesu no, duerch Galiläa a Samaria, iwwer Jericho de géie Biereg op an dem David séng Kinneksstad.

Hei zu Compostela, no 99 Deg ennerwee, no bal 510 Stonnen zu Fouss, dovun der ongeféier 400 mudderséileneleng, no gence 2.286 Kilometer, verstin ech, datt déi Plaz, wou een higet

nët dat Wichtigst as. Santiago läit wuel hei a Galizien mä fir mech, de Schlappentourist, läit Santiago iwwerall do, wou ech sin a wuer ech gin. Hei zu Santiago, zu Saint-Jacques-de-Compostelle wéi d'Iransouse soen, verspriechen ech mir, datt ech nët fir d'leschte Kéier um Tour sin. Well méng Gesondheet schéngt rëm an der Rei ze sin an Zäit an e puer Su hun ech och. Wann eiser Här Gott a méng léif Fra et wëllen, da gin ech dat anert Joër nees op ee Santiago lass enzwousch an eiser wonnerschéiner Welt.

Fir wat sin ech also dës Kéier op Santiago gaang? Ma dat koum esou. Mäi Brouthär, den Här Delors, och ee Jhak, President vun der EG-Kommissioun, huet Fräiwëlleger gesicht fir a Pensioun ze goen. D'Europäesch Gemeinschaft gouf nämlech fir d'drette Kéier méi grouss, wéi Spuenien a Portugal als nei Länner erakoumen. Et as durfir nëmmen normal, datt och Spuenier a Portugisen deen een oder anere



Posten an der europäescher Verwaltung kréien. Knaps hat ech dem Här Delors säi Bréif am Grapp, dun hun ech séier de Fanger an d'Luucht gestreckt. A scho war ech «prejudicialo», virpensionéiert, wéi d'Spuenier soen. Wonnert et iech, datt ech dorop decidéiert hun op Santiago ze pilgeren, wou ech dach mäi «golden handshake» engem Jhak (Delors) verdanken a wou ee Portugis zu Bréissel méng Aarbecht mécht? Wonnert et iech, datt ech onbedéngt zu Compostela fir di zwéin do biede wollt, déi mir een alen Dram erfëllen: mäin drétt Liewen (nët den drëtten Alter) mat 50 Joër a mat engem grouse Fousstour queesch duerch Europa unzefänken!

99 Deg hun ech gebraucht bis op Santiago. An a 5 Stonne war ech rëm doheem. Vu Biwels bis Santiago steet néicrens een Douanier. Douanier-en interesséieren sech nëmme fir déi, déi mam Auto, mam Zuch oder mam Fliger resen. Wien zu Fouss iwwer den Touristepad trëppelt, dee begéint kengem Douanier, och nët am Baskeland, béidersäits vun de Pyrenäen, wou se léiwer Handgranate werfe wéi Handball spillen.

Mir Biwelser brauchen iwregens nët bis an d'Pyrenäen ze resen, fir kengem Douanier ze begéinen: téscht Biwels a Falksteen, Bauler oder Keppessen sin och scho laang keng méi. Knaps sin ech awer um Flughafé vu Santiago, do huet schon en Douanier mech mam Schlawittchen. Hie fëscht mäi gutt alt schweizer Arméitäschmesser aus ménger Handtäsch raus an deet mech hannerzeg goen, fir dat geféierlecht Instrument extra ze registréieren. Och zu Zaventhem glotzen déi belsch Douanier-e mech a mäi Rucksak u wéi wa mir vum Mound an nët vu Santiago kéimen.

Douanier-en hun ebe kee Gefill fir préjubiliéiert Schlappentouristen. Do kennen déi franséisch Jhandaarme scho méi dervun. Zu Nolay kënnt esou ee jonge Mënsch op mech lass a freet, ob ech Pobeieren hun.

– Sécher hun ech Pobeieren. Mä déi sin am Rucksak! soen ech.

– Duerf ech se gesinn? freet hien.

– Gären, soen ech, mä fir wat kontrolléiert Dir jhust méng Pobeieren an nët déi vun denen zwéin Hären, déi eis hei nokucken?

– Ech maachen ee «contrôle par sondage» seet hien. A fir sech e gutt Gewëssen ze gin, geet hie gemällech mat méngem Pass an d'Gendarmerie, kënnt no zéng Minutte rëm, gët mir mäi Pass, schléit frëndlech un a seet:

– Alles o.k. Gutt Reess!

Op där laanger Rees téscht Biwels a Santiago passéiert mir esou eppes nëmme zu Nolay. Fir dese Jhandaarme as e Foussgänger mat Rucksak eng Zort Strummert. Besser, et hält een déi Borschten am A! Ech géng am léifste vu Rose-rei aus der Haut fueren a schreiwen der Lokalzeitong stante pede e freche Bréif, deen natüirlech nët publizéiert gët. E puer Deg duerno schreiwen ech dem Buurgermeeschter vun Nolay e méi frëndleche Bréif a proposéieren him, säi Stiedchen op Nolay-le-Gendarme ëmzedefen. Bis hett huet hie mech awer nët op d'Daffeier agelueden.

Bei de Wiirt an den Hotelier-en gin ech bal ëmmer frëndlech a gehëlleflech opgehol. Trotz Rupsak an décke Schong! Dat kënnt dovu well déi meescht vun hinne Professioneller a keng Amateuren sin. Si hu geléiert, sech virum Schäin an Uecht ze huelen. A Spunië maachen ech et wéi bei de Preisen: ech loosse mech Doctor Riäss nennen a schmotzlächele wann z.B. de Portier vum Parador San Marcos zu Leon sech an de garde-à-vous gehäit. Déi eng Lett sin eben topeg vu Gebuert an déi aner dabozege vu Beruff. Et as schued, datt déi spuenesch Garçon-en nët zu Déikrich an der Hotelschoul ausgebild gin. Vläch wieren si da manner agebild a géiwen och besser verstoen, wat et heescht, aner Lett ze zerwéieren.

Ënnerwee begéinen ech nëmme feinen a frëndleche Lett. Keng eenzeg Kéier hun ech e Problem vu Sécherheet. Natüirlech bleiwen ech bei jidferengem stoen, soe frëndlech moien an huele mir Zäit fir e Gespréich. Op des Manéier léieren ech d'Lett an d'Land kennen. Lues a lues änneren ech méng eppes virgefaasst Menonk iwwer d'Heckefransousen an och iwwer d'Spuenier. Ech hun eben a méngem Beruff bal nëmme mat Fransouse vu Paräis a mat Spuenier vu Madrid ze di gehat, mat Beamten, Journalisten a Politiker. Des Lett vertrieiden hiirt Vollek grad esou wéineg wéi Policen oder Eisebinner. Op den 1.532 Kilometer téscht Biwels an der spuen-



scher Grenz hun ech ze soe keen agebilten a chauvinistesche Fransous gesinn an op de 754 Kilometer a Spuenien ze soe keen houfreggen a groussaartege Spuenier. No an no kommen ech drop fir wat dat esou as. Ech gin zu Fouss iwver Land an nèt duerch Stied. Op dem Land wunnen nach Leit déi sech moië soen, wann se sech gesinn. An de Stied awer licwe lauter Numeroen, déi sech een deen aneren ignoréieren, a sech dacks emol nèt kennen, wann se am selwechten Haus wunnen. An da kennt mir déi al Liewenswourécht an de Sënn: wat d'Lett méi arem sin, wat se léiwer mat engem delen; wat se manner hun, wat se méi gin!

Mir liewen hei an engem Land, wou bal een Drëttel vun de Lett Friemer sin. Wéi dacks denken ech, dee Friemen, ënnerwee dorun, wa Fransousen oder Spuenier, meeschtens ouni et ze wëssen, dës gëlle Regel aus dem Matthäus-Evangelium u mir praktizéieren: behandelt déi Friem esou wéi dir gare behandelt géift, wann

dir an der Friemt würt! Ween nèt an der Friemd war, dee weess nèt wat et heescht e Friemen ze sin, ganz eleng, wäit fort vun dohem. Ënnerwee hun ech dat um egene Pelz gespuert an dobäi eppes geléiert. Ënnerwee hun ech och geléiert, mat engem häerzleche Merci all dat unzehuele wat mir offréiert gët: e Glas Waasser, eng Tas Téi, eng Omelett, eng Fläsch Wäin, en Daach fir iwver de Kapp, wéi am Schloss zu Dracy oder beim Kiirchekoschter zu Frómista, e Mëttegiessen, wéi am Restaurant um Cebreiro, ganz uewen an de kantabresche Bierger. D'Lett vum Land hu wiirklech d'Häerz op der Hand. Keng eenzeg Kéier hun ech missen dobausseschlofen; keng eenzeg Kéier hun ech Honger oder Dusch gelidden. Esou Saachen erlieft dir nëmmen, wann dir zu Fouss gitt.

Méi wéi eng Kéier sëtzen ech an der Wiirtschaft mat Autotouristen a wonnere mech driwwer, datt si näischt vun dene sëllege Saache gesinn hun, déi mir ënnerwee opgefall sin. An och, datt si kengem Mënsch begéint sin. Natürlech hun si all Attraktiounen aus dem Michelin besicht, mä dat as awer och alles. Si wëssen nèt, wat et heescht, d'Land, d'Landschaft, d'Lett awer och d'Béischte mat Aen ze kucken, déi sech nëmme ganz lues weiderbewegen. 5 Kilometer an der Stonn as d'Vitesse mat där d'Mënschen sech éiweg deplacéiert hun. Bei där Vitesse kann een all Ablack stoe bleiwen, mat engem Trapp Kéi schwätzen, de Vigelcher nolauschteren, d'Féiss an enger Baach killen, de schaarfen Hägeroch laanscht enger Wiss genéissen; et kann een dem Bauer nokucken, dee Melounen zillt oder dem Schéifer, dee séng Schof schiert oder dem Wénzer, dee séng Riewe schneit. D'Géigend kennt lues a lues op een zou, geet mat engem weider, bleibt hannerzeg leien, kuckt engem no. Zu Avioth, zu Paray-le-Monial oder zu Le-Puy-en-Velay wénken d'Kathedralstir mir scho vu wäit entgéint, si spille Stoppes mat mir, zecke mech heiandsdo stonnelaang.

Zu Navarrenx, 1300 Kilometer vu Biwels ewech, fiirt e Bouf vun 12 oder 14 Joër mam Velo niewent mir. Et as halwer zwou an ech si scho vu sechs Auer un ënnerwee. D'Sonn brennt mir d'Lais um Kapp dout; ech hun d'Schong voller Féiss; mäi Réck as guer nèt zefridde mat dem Rucksak. De Bouf traht sech

nët richtig e Gespréich unzefänken, dréit mam Velo ronderëm de Bräi, klëmmt och mol rof fir op mech ze waarden, mécht sech da selwer Kuraasch a seet:

- Git Dir gären zu Fouss, Monsieur?
- Du gesäis jo, äntwerten ech, mä hett hun ech awer d'Box voll.
- Kommt Dir vu wäit? freet hien.
- Vu Lëtzebuerg, soen ech.
- Vu Lëtzebuerg! seet hien. Hakrejëft, dann huet Dir dach missen d'ganz Nuecht duerch goen!

Méi wéi eemol erzielen ech dës Geschicht beim Part a wonnere mech ëmmer erëm iwwer d'Geographickenntnësser an eisem südlechen Nopeschland.

An der Bibel liesen ech jiddfer Dag. Do fannen ech Texter iwwer déi et sech ënnerwee gutt meditéiere léisst, z.B. dëse Saz aus dem Matthäus-Evangelium: bleift also waakreg, well kee vun iech weess weder den Dag nach d'Stonn. Wann dir méintlaang mudderséilen-eleng sid an un all déi denkt, déi doheem bliuwe sin, besonnesch un déi mat denen dir frou sid, da kritt dee Saz do ee ganz praktesche Sënn. Da freet dir iech iwwer alles, da genéisst dir jiddfer Ament, da schmaacht iech dat mannsten Iesse besser wéi eng gastronomesch Moolzecht, da sot dir merci fir all Ablack, deen dir ze liewen huet.

An esou geet een als Schlappentourist zu Biwels fort an et kënnst een als Pilger zu Santiago un. Ënnerwee gët een anescht an 't geet een anescht. De Pilger iwwerleet, denkt, kuckt, héiert, schwätzt, biet, reagiert aneschtens. De Pilger applizéiert genee dëse Saz aus dem Evangelium: maach dir nëmme keng Suerge fir muer; muer suergt fir sech selwer; jiddfer Dag huet séng ege Plo.

Jiddfer Dag huet awer och säin ege Gutts. Zu Juan de Ortega steet ee Baaschttert vun engem Hond viru mir um Pad, jhust wéi wann hien op mech gewaart hätt. Ech soen him moiën. Iie leeft viru mir a weist mir de Wee. Hien as kleng, struppeg, knaschteg an e bësschen ziddereg. Ech wëll hien heem joë, mä hie léisst sech näischt soen, wackelt mam Schwanz a leeft ëmmer nees drop lass. Wann ech mech op e Stee sëtze fir ze

raschten, leet hien sech op de Buedem, awer an enger respektvoller Distanz, well hie schéngt ze wëssen, datt ee vill Zäit brauch, éiert een engem säin Hond gët. Ech gin him en Numm: Jeffke.

Ech gin him Waasser ze drénken a wëll méng Schmier mat him delen; mä de Jeffke esst kee Brout. Hie schnoffelt alt léns a riets laanscht de Wee a sicht sech een Hondsmäufel. Wa mir duerch en Duerf gin, geet de Jeffke ganz no niewent mir an ignoréiert vun ënnen erop déi vill Hënn aus dem Duerf, déi gären eppes mat him wëlles hätten. De Jeffke an ech féiere laang Gespréicher, well, wéi all spuenesch Hënn, versteet och de Jeffke lëtzebuergesch. Méi wéi 20 Kilometer trëppele mir hannereneen. Heiandsdo leeft de Jeffke an déi falsch Richtong, well hien déi giel Zeeche, mat denen de Camino gezechent as, nët liese kann. Da sin ech op emol vir an de Jeffke muss mir nolafen. Zu Villafria, nët wäit vu Burgos, raschte mir op enger Bréck ënner där d'Stroossenaarbechter um schaffe sin. De Jeffke leet sech an de Schiet ënner e Camion. Hien as dätsch. Déi vill Kilometeren, déi mir zesumme gaange sin a vun denen hien déi meescht gelaf as sin dach zevill fir esou ee klenge Klebs. Wat soll ech maachen? Ganz lues maachen ech mech ewech a loossen de Jeffke am Schiet séng Mëttesrascht halen. Zu Burgos, no enger onroueger Nuecht, wou ech vum Jeffke dremen, stin ech fréi op, huelen en Autobus a fuere bis op Villafria, op déi Plaz, wou ech de Jeffke am Stéch gelooss hun. Ech ruffen a päifen, jäizen an di Kreesch wéi e Mäerder. Mä vu méngem Jeffke as näischt ze héieren an näischt ze gesinn. Ech schumme mech bis an de Buedem a loossen och emol eng Tréin falen um Wee fir heem op Burgos. A wéi ech spéider an der Kathedral nieft dem berühmten Cid séngem Graf stin an de Kanonikussen hirem Vespergesank nolauschteren, du bieden ech och fir mäi Jeffke a wënschen him engt mëllt Hondshaischen am Himmel.

Ménger Fra erzielen ech vum Jeffke um Tëlfong. Ech téléfonéiere jiddfer Dag heem. Dat as guer nët schwéier, well a Frankräich an och a Spuenien steet och an deem klengsten Duerf eng Kabin aus där een d'ganz Welt uruffe kann. Fréier hun ech iwwer den Tëlfong geflucht. Hett sichen ech mir nomëttes méng

Telefongskabin a fröe mech am viraus op déi puer Minuten, déi ech owes iwwer den Drot doheem si kann. Beim Nuechtiessé schreiwen ech ménger Fra e laange Bréif, wouran ech hir main Dag etzielen. Vun der Abtei vun Orval, wou ech bei de Patere geschlof hun. Vu Montmédy a sénger Festung. Vun den Zaldote-küirfechter aus dem éischte Weltkrich. Vu Colombey-les-deux-Eglises an dem Genrol séngem Landhaus. Vun der Abtei vu Clairvaux, hett e Prisong. Vum Vercingetorix sénger Statu zu Alesia. Vu ménge Kompere vun der Confrérie des chevaliers du tastevin zu Nuits-Saint-Georges. Vun der Communauté St. Jean zu St. Godard mat iwwert honnert jonke Pateren an Nonnen. Vum Massif Central. vun de Pyrenäen. Vun der spuenescher Meseta. Vum Wäin aus der Rioja. Vun denc villen Dierfer a Galizien, wou d'Letz nach hett liewen a schaffen an ausgesin ewéi déi Biwelscher virun honnert Joër, wou se nach hir Kéi uspanen, mat der Séissel d'Kar méien a mat der Hand dreschen. Honnertmol mengen ech, ech géng méng Giedi vu Biwels rëmerkennen, wann eng al Fräichen, a schwaarz gekleet, eng Bott Brennesselen ënner dem Arem, op mech zoukënt.

Moies stin ech fréi op a maache mech fréi op de Wee. Gewéinlech kommen ech géint zwou oder dräi Auer an der Etapp un. Scho laang mécht d'Goë mir näischt méi aus. De Kierper gewinnt sech dorun an hie fillt sech ganz droleg, wann um Roudag nët gaange gët. Méi schwéier hun ech et mam Elengsin. Ech war kees doru gewinnt, nët doheem an nët op der Schaff. Géint Mëtteg fänken ech un onroueg ze gin, well ech nët weess, wou ech e Bett fannen. Hun ech awer bis en Zëmmer fond, da gin d'Iéiss soignéiert, da gët d'Wäsch gemaach, da gët eng Mëttesrascht gehal. Nëmmen aachtmol schlofen ech a méngem Schlofsak well ech kee Bett fannen. Och wa kee Restaurant dorëmmer as, leiden ech keen Honger. A méngem Rucksak hun ech ëmmer eng Kuuscht géint de géien Honger a wéi gesot d'Mënschen um Land loosse keen erhéngeren.

Méi wéi eng Kéier gi mir zu e puer Pilger mateneen. Déi éischt Pilger begéincen ech zu Nabisals, am Massif Central. Et sin zwéi fromm Paschtéier vu Würzburg, déi mam Zuch bis op

le Puy gercest sin. Si wëllen Etappe vu 40 bis 50 Kilometer den Dag man, wéi d'Pilger am Mëttelealter. Si vergiessen, datt eise Kierper nët méi un esou Strapaze gewinnt as. Zwou Wochen dono gin ech zu Maslacq gewuer, datt ee vun hinne vum Dokter heemgeschéckt gouf, well hie séng Féiss am Gelli hat. Mat engem fréieren Offizéier vum preisesche Grenzschutz, 68 Joër al, fir d'aachte Kéier um Camino frances, trëppelen ech iwwer d'Meseta, viru Leon. An engem Karstéck plot sech eng jonk Fra, déi hirem Mann Stréibotten op de Won reecht.

– Komm, seet de Preiss, dat do as Aarbecht fir eis.

– Muchos gracias, seet d'Signorina, wéi de Preiss hir d'Gafel aus der Hand hëlt.

– Gesäis de, seet de Preiss, hett as et méi wichtig Botten ze hiewe wéi zu Fouss ze goen.

Mat eisem Stéphane zesumme klammen ech 13 Kilometer an d'Pyrenäen erop, dem Napoléon séngem Wee no. Ënnerwee iwwerhuele mir dräi Hollänner vu Maastricht, déi grad wéi mir moies fréi zu Saint-Jean-Pied-de-Port lass gezu sin. Owes gesi mir eis zu Roncesvalles an der Klousterkiirch rëm. No der Houmass kréie mir do mat e puer Dosen aner Pilger den Extrasege fir déi, déi zu Fouss gin. «Biet fir eis zu Compostela», rífft de frëndleche Pater eis zou a scho fíirt d'Uergel an tutti mat enger feierlecher 'Tocata derzwëschene. Ech fille mech ganz kleng, daierlech, aarmséileg.

Gence 32 Deg méi spéit spillt eng aner Uergel an enger aner Cathedral: well sin ech zu Santiago de Compostela, am Ablack wou e ganzen Trapp Pilger an d'Kiirch rageet. Et as eng richtig Prozessiou, mat Statuen a Käerzen, mat Paschtéier a Massendénger; um Wupp kënnt esouguer de Bëschof vu Santiago. An dësem Pontifikalamt gët dat enormt Rauchfaass dat iwwert dem Altor hänkt crogelooss, ugefaang a vun aacht Männer a Bewegung gesat. Ëmmer méi héich flitt d'Faass am Kräiz vun der Kiirch, wéi aus engem Schaaschtech dämpft et, gespaant kuckt jiddfereen an d'Luucht a fret sech hueseschreckeg, ob d'Faass wéi scho mol eng Kéier sech lassrapp an zur Kouerfenster rausflitt.

Nees eng Kéier fillen ech mech butzeg a klinzeg.
Ech denken un d'Wierder vum Psalmist: wann
s du, o Här, och nach no eise Sënne kucks, o
Här, wee kann dann nach virun dir bestoen?
Well sin ech do ukomm, wou ech hi wollt. Well
kann ech a Rou bieden, fir méng Fra a méng
Kanner, fir méng Frënn a Bekannten, fir méng

Famill, fir méng fréier Mataarbechter, fir déi
doheem an ënnerwee, fir déi, déi e gudde Grond
hun eppes géint mech ze hun.

An op dëser Plaz, Här President, méng léif
Frënn, do hannen zu Compostela, do hun ech
och fir iech gebiet!

Jhemp

Eng Rechestonn

Den Dëmmi as nët grad dee beschten,
dach Wëtz huet hien, dat as gewëss.
Hien as nët grad deen allerbeschten,
mee, hien hält guer nët gären d'Schnëss.

Am Rechnen as nët vill ze maachen,
hien as doran zwar nët sou domm;
dach hien dect ëmmer d'Jonge laachen,
mol mault hie vill, mol as hie stomm.

Wat hien nu nët ka verstoen,
dat as déi topeg Substraktioun.
Wat huet hie sech schon do misst ploen,
an dach bleift dat séng grouss Spezioun.

Du wollt ech him e Beispill nennen,
fir datt hien dach dërhanner kéim.
«Um Dännebam aacht Kärerze brennen,
du bléis eng aus. Wat bleift dann, Éim?»

Déi aner sin nët méi ze halen.
«Dat as dach einfach», ruffen si.
Den Dëmmi zéit séng Stir a Falen.
«Mäi léiwe Jong, dat réits du ni.

Fir wat soll ech nach hees mech schwätzen,
sot ech du hafteg, domme Still,
lo kënnen sech déi aner bretzen;
wie ka mir soen nu wivill?»

An s'alleguer de Fanger hiewen.
«Déi Rechnong do, déi as dach liicht.
Et bleiwen der bestëmmt nach siwen»
sou jäizen s'all voll Freed poulriicht.

«Sou as et richtig, méng léif Kanner»,
sot ech och séier mat Genoss.
«Et gët dach sécher eng Käerz manner!
O, Dëmm du méchs mer vill Verdross!»

Den Dëmmi souz am Eck ze brucken,
déi Rappecht do, si deet him wéi.
Voll Spott déi aner op hie kucken,
an dat verdréisst de Jong nach méi.

Op eemool rífft hie ganz pressäiert:
«t as falsch, Här Lärer, wat Dir schreift.
Déi Zuel clo as jo verkéiert:
t verbrenne siwe Stéck, – eng bleift!»

Monique Hermes

Eng versëlwert Plaquette vun der «Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch» fir de Pir Kremer

Et war mëttwochs, den 18. Mee 1988, wéi de President vun der «Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch» Henri Rinnen dem Pir Kremer an der Taverne «Wëlle Mann» um Fëschmaart an der Stad déi siwent versëlwert Plaquette vun der A.L. mat de Kapphäre vun eiser Sprooch drop iwwereecht huet. Dës Dicks-Lentz-Rodange-Plaquette kritt ee jo, wann ee sech Verdingschter an eiser Sprooch a Konscht eruwert huet.



(Fotoën: Jean Welter)

De Pir Kremer, oder «Kréimesch Pir», «deen esou roueg a geloossen, mat engem verleëne Lächelen e bësse schei oprëtt», as e Käercher Jong, deen ni verstoppt huet, datt e vum Duerf kënnt an datt en eppes fir eis Sprooch iwreg huet... Zesumme mam Emelie, mam Jéngi, mam Kolleg Meyer a mat der Tatta Sidonie huet en sech als «Michel» virun allem an der Radiosmissioun «De Stamminet» en Numm gemaach. Dës Emissioun gët zënter Joren all sonndes

owes vu Radio Lëtzebuerg UKW iwverdro an d'Leit lauschtere se mat Begeescherung, well Kréimesch Pir et dora fäerdeg bréngt, eng Parti Zoustänn ... an och Leit ... op eng léif Manéier op den Arem ze huelen. «Spaasseg ironesch, e bëssche kritischesch, mee ni zynesch, arrogant oder frech», wéi de President Heng Rinnen sot.

De President huet och vun dem Kréimesch Pir sénge Radiosemissiounen geschwat, well d'«Sylvester- an d'Fuesrevue» si beléift a komme gutt bei de Leit un. An dann huet deen, deen a séngem Beruff e ganz gewëssenhafte Beamte war an deen, grad wéi de Méchel Lentz eppes mat Rechnungen ze din hat, jo och nach eng Parti Bicher geschriwwen: «ZesummegePIKtes» (1971 – Bourg-Bouger), «RePIKéiertes» (1976 – Bourg-Bouger), «NogePIKtes» (1982 – RTL-Editioun) a «Kanner feiere frou Fester» (184 – RTL-Editioun). Wann et geheescht huet, Texter fir eng nei «Revue» ze schreiwen, da war de Pir Kremer och alt e gefrote Mann ... Dat hie sech bei all deem Schaffen eng ganz Parti Ver-

dingschter an eiser Sprooch eruwert huet, brauch elo sécher nët méi extra gesot ze gin.

«Dir Dammen, Dir Hären, léif Kollegen a Kolleginnen, ech si frou, datt Dir heihinner komm sid, fir mat derbäi ze sin, wann de Pir Kremer vun der A.L. als Merci fir dat, wat hie geschriwwen a gemaach huet, a séngem Genre an an eiser Sprooch, déi versëlwert Plaquette als klenge Merci kritt. Als Merci an als Unerkennung vun äis all», sot de President Heng Rinnen bei där sympathischer Feierstonn am «Wëlle Mann», wou d'Comitésmembere vun der «Action Lëtzebuergesch» an och nach eng ganz Parti l'rënn a Bekannte vum Geéierte mat derbäi waren.

Dem Pir Kremer säi Merci fir d'Unerkennung war a Form vu Versen ausgedréckt, «well e Gedicht, dat liest ee vläicht zéngmol, Prosa vläicht eemol».

«Steuwe Buedem» heescht d'Gedicht, an et soll op dëser Plaz ofgedréckt gin ...



Pir Kremer

Steiwe Buedem

Ech kouw vum Duerf, ech gouf ganz lues a lues e Stater.
 Ech gong an d'Galerië, ech gong an den Theater.
 Ech kennen all déi Leit, déi un den Hiewele sëtzen,
 Déi geeschteg-geeschtlech an déi politesch Spëtzen.
 Mat denen Allermeeschten hun ech schon e Patt geholl.
 Souguer am Kulturelle spillen ech eng klinzeg Roll,
 Ma ganz égal, wou ech och war a wou ech stong,
 Ech hat nach steiwe Buedem un de Schong.

Ech kouw vum Duerf, ech hu geschwat wéi d'Leit do schwätzen,
 Frai, riichter aus hun ech versicht méng Meinung duurchzesetzen.
 Ech hun den «R» gerullt a vill gestikuléiert,
 Conversatioun ze man, dat hat ech ni geléiert.
 Do wou gebléimelt gouf a gescharwenzelt do mouch ech ni mat,
 A wéi e Plättel sin ech dacks, flatsch an e Pla getratt.
 Fisematente brénge mech bal zur Verzweiwelong:
 Ech hun anch ëmmer steiwe Buedem un de Schong.

Ech kouw vum Duerf, de Virwëtz huet mech vill gestéppelt,
 Ech si gerullt, geflunn a vill zu Fouss getréppelt.
 Ech wollt déi schéinste Saachen, an déi schéinsten Ecken
 Déi et op eiser Welt gët, och fir mech entdecken.
 Ech sin duurch Kiirchen, Synagogen a Moscheë gang,
 A Schlasser an a Museën souz ech dacks stonnelaang,
 A wéi ech an dem Wüstesand, zu Gizeh vrun der Cheops stong,
 Ech hat nach ëmmer steiwe Buedem un de Schong.

Ech kouw vum Duerf, déi Sprooch déi d'Leit do schwätzen hat ech gären.
 Déi einfach Sprooch, vun där ganz vill an héichgeléiert Hären
 Behaapte se wir arem, a se wir beileiwen
 Nët ze gebrauchen fir ze dichten an ze schreiwen.
 Ech hu probéiert, an hei an do en Ee geluegt.
 Ech gin et zou, eng Poésie hun ech ni fäerdeg bruecht,
 Ma vläicht as iewer alt eppes Klenges mer gelong,
 Trotz méngem steiwe Buedem un de Schong.

P.S. Elo hun ech hei eng Plaquette kritt, ech hu keng Anung wéi et gong,
 an ëmmer hun ech nach dee steiwe Buedem un de Schong.

Tom Thies

Den Hellege-Pueles-Kult an der Por Huncheréng

Deemools, an der groer Virzäit, wéi eis Anen nach vu Krankheten, wéi d'Pescht an d'Cholera befall goufen, a se all puer Joër eng Hongersnout getraff huet, d'Vei hinnen ewechgestuerwen as, huet de Brauch vum Pueleskult säin Ufank fond.

Den Här Professor Emile Donckel huet 1969 eng gutt fondéiert Publikatioun erausgin, an huet zwéin Zentere vu deem Kult opgezeechent: ee wor zu Nærzéng, deen aner zu Thiaumont a Belgien. Am Ganze goufen et awer 29 Pueles-Kult-Dierfer am deemolege Landkapitel Lëtzebuerg; zwielef dovun hun iirgendwéi mat Nærzéng zesummegehaang, sief et, datt déi Poren dohi gepilgert sin, sief et, datt se dee Brauch iwwerholl haten, an deen als Klëppelsténgs-Feierdag begaang hun; oder awer no engem feierleche Versprechen no schwéierer Nout agefouert haten.

Wéini de Kult vun der Päerdssenong, déi a groer Virzäit ugaang as a bis an d'18. Jorhonnert era gelieft huet, gence opgelieft as, as haut nët méi gence ze soen. Déi éischt Senong as fir d'Joër 983 bezeit. Duerno as déi Senong mat Prossëssioun all Joër em den 13. am Karschnatmount ofgehaale gin.

Wie wor elo den Hellege Pueles (Hippolyth)?

De spéideren Hellege Pueles gouf em 160 gebuer, as Hapmaun vun enger réimescher Legioun gin an huet sech, géint d'Ueder vu séngem Käser, dem krëschtliche Glaf zougekéiert. Em 200 dorëmmer huet hien eng ege krëschtliche Gemeng gegrënnt. Do gung et dem Käser Valerian awer duer: en huet de Pueles fänke gelooss, en no Sardinie verbannt a spéider vu wëlle Päerd ausernee rappe gelooss. Séng Geben leien haut an der Abteikiirch St. Denis bei Paräis.

Wenne mer äis awer crém dem Pueleskult zou. D'Päerdsenen as no der Franséischer Revolutioun vergaangen, wéini se duerno crém opgelieft as, weess haut kee Mënsch méi ze soen. Datt se awer erëm opgelieft as steet fest, well soss hätt se jo 1914 nët bräicht agestallt ze gin.

Sou wéi déi al Nærzénger Leit 1945 dem Här Professor Emile Donckel, sou as och mir (Joërgank 1929) verzielt gin, datt, wéi zu Nærzéng d'Päerd geseent goufen, déi bis wäit craf an d'Käler- an d'Butschebuergerstrooss gestan hät-



D'Statu vum hl. Pueles an der Porikiirch zu Huncheréng

ten, an den Här Paschtouer séng dräi Stonne gebraucht hätt, fir se all ze senen. D'Bauere wäre mat hire Päerd nüt nëmmen aus de Pore vun Näerzég a Fennég koun, mä och déi aus dem Kaldall, dem Réiserbann, vun der Mess an de Lothréngeschen Dierfer, wéi Wuermerég, Nonkail, Kampfen asw.¹⁾

Sécher as och, datt an den 1870er Joren zu Näerzég d'Päerd geseent si gin.²⁾

1903 gouf de Porsätz vun Näerzég no Huncherég, dat eng grouss, nei Kiirch krut hat, verluegt. Domat as dann och de Kult vum Hellegen an der Pärdssenong no Huncherég komm. Och déi schéi Statu vum hl. Pueles steet an der Porkiirch vun Huncherég. Deemools as och déi fréier feierlech Prossessioun fir de Pärdshellege verschwonn; nëmmen déi ural Litanei vu fréier wor nach ze héieren, wann och nüt méi mam Urtext, deen, wéi et schéngt, verluer gaang as. Den Trach, dee jorhonnertelaang virun der Näerzenger Porkiirch stung, fir

d'Päerd, déi dack e sëllege Stonne Wee haneru sech haten, ze dränken, as eréischt 1921 verschwonn.


Datt den uralen Brauch nom zwete Weltkrich iwwerhaupt nach erëm opgelieft as, as ouni Zweiwel, dem Här Paschtouer P. Ross, dee vun 1940 bis 1948 Paschtouer zu Huncherég wor, ze verdanken. Gaangs no dem schudderege Krich, den och zu Huncherég séng Affër fond hat, huet hie mat den Duerfleit deen uralen Brauch erëm an d'Liewe geruff, souguer mat Prossessioun, déi awer 1972 nees agestellt gouf.

All déi Leit, déi haut iwwer fofzeg Joër al sin, an déi éischt Pärdssenongen nom Krich matclieft hun, wëssen nach ze verzielen, datt d'Päerd vun der Porkiirch bis eraf bei d'Mille stungen op de Segen ze waarden.

Awer, am Zeeche vum modernen Zäitalter koun den Trakter ëmmer méi op, Joër ëm Joër kounen ëmmer manner Päerd, sou datt Sene



D'Päerd gi geseent, 1984



Porckirch 1905

vun de Pærd enges Daags erëm eng Kéier ageschlof as; dës Kéier well kéng Pærd do woren. Anescht wor dat an de Joëren tëscht 1644 a 1655. Deemools konnte kéng Pærd geseent gin, well an de Poren Nærzéng a Fennéng keng

Leit gewunnt haten. Déi haten sech wéinst de Raibereie vum 30järeege Krich ewech gemaach an hun an de Bëscher ëm Huncheréng, Obeler a Leideléng dohi vegetéiert.

Och den Turnéier mat de Pærd, dee bei der Huncherénger Mille joërclaang gehal gouf, as 1969 fir d'lescht iwver d'«Bün» gaang.

Zu gudder Lescht huet dann dach de Pærdssport, deen an de leschte Jorzington eng onerwaart Bléi erlieft huet, en Opliewe vum Pueleskult erlaabt. Et as apperdéngesche Leit aus der Huncherénger Por gegléckt déi iewescht Hären (wann och nët all) vun deem Sport fir déi schéin al Traditioun vun Huncheréng ze begeeschteren, de Kult vum hl. Pueles ze aktivéieren.

Grouss Deg fir Huncheréng a säi Pueleskult waren d'Joëren 1984 an 1986, un denen nees eng Kéier eng ganz Wull Pærd an eng etlech honnert Leit de Wee no Huncheréng fond haten.

Wéi all begeeschtert Pærdsrënn hoffen a gläwen ech, datt de Pueles, séng Traditioun, säi Segen äis nach laang erhal bleiwen.

1) Mëndlech bezeit vum Här Jacques Brück, Volméranges-les-mines (F) (1870-1956)

2) Mëndlech bezeit vum Här Pol Dreis, Schmadd zu Huncheréng (1897-1987)

Gare la mine

Roserei op Kéip geheeft
as Polfer konservéiert
an d'Gal, déi iwverleeft,
as wann et explodéiert.

Robert Sinda

Eng rar Planz

Dankbarkeet as dënn geséit
an dacks a Buedem, deen nët dréit,
mä wann de Som ukënn't a blitt,
dann as keng Blumm, déi bess're Parfum kritt.

Robert Sinda

Déi selwecht Aart

Wéi Haarz um Dännenholz
pecht d'Dommheet um Stolz,
bei den Dännen as et vun Natur,
bei de Mënschen ugebuer.

Robert Sinda

Je nodeem!

Huet e Klengen am Liewen e Feler gemat,
da gët en zäitliewes dono ageschat,
huet e Grouse sech verrannt,
da gët et «incident de parcours» genannt.

Robert Sinda

Gil Mandy

Den Zauberer Schnuckelibutzi oder Wéi et engem ergoe kann, wann een onbedéngt aneschter wéllt gin

Et wor eemol, et as scho ganz, ganz laang hier, dun huet an engem Schlass hannert dem Biërg an hannert dem groussge Bësch e berimnten Zauberer gewunnt. Deen huet Schnuckelibutzi geheescht. Et wor ower kee béisen Zauberer, keen dee kleng Kanner a Schwéngercher verwandelt huet, fir se ze mäschten an dann ze friessen, neen, majëmmen neen. Hie wor e ganz gudden, aartlechen a lëschtgen Zauberer, an en huet léiwer engem gehollef wéi geschuet. Jidder-een, d'Déieren, d'Kanner an déi grouss Leit haten e gär, a wann si sénger gebraucht hun, da sin se vu wäit hier bei hie komm, fir gehollef ze kréien. Hien huet dat dann och gemat an et huet nawell keen e roude Su kascht. Ganz am Fong wor hien ower e richtige Schallek, mä well keen dat wouss, duerfir sin och meeschtens séng Zaubereien a Spichten esou gutt bei Jann a Mann ukomm.

Hei wor jo enges Dags bei den Déieren eng grouss Onzefriddenheet entstanen. Et wor keent mat sech a séngem Lous méi zefridden. Duerfir hun se eng «Assemblée générale extraordinaire» aberuff fir iwer hir Kloen ze diskutieren. Et woren dër onheemlech vill komm, bal aus allen Himmelsrichtungen a vun alle Säiten. Et goug och geschwë ganz héich hier, well wann och déi meescht komm woren, fir ze lauschten an ze virwätzen, da woren der dach e sëllechen derbäi déi sech entweder gär héieren hu schwätzen oder déi hire Pefferkär wollte bäileën. 't gouf vill gcriet an nach méi gejhaut, mä, et goug och bei hinne wéi bei dene meeschte Versammlongen, et kouw näischt Zerguttstertes derbäi eraus. Duerfir gouf dann och zu gudderläscht eng Kommissioun ernannt an déi sollt eng Delegatioun bestëmmen, déi dem berimnten Zauberer Schnuckelibutzi hiirt Uleies sollt

virdroen. Déi sollten emol fir d'éischt d'Saach ustiwwelen an duerno kënt een da gesinn, wéi et géif fir all déi aner kënt geschéien.

Déi Delegatioun bestoung aus denen heite Mëmberën: dem Hunn, dem Iesel, der Geess, dem Kaweechelchen an der Flou. Den Hunn, well deen ëmmer esou schick gekleet wor, e gutt Opriedes hat an esou energesch riede konnt; den Iesel, well deen esou e schéinen décke groe Kapp hat, en Zeeche vu Experienz a vu villem Nodenken; d'Geess, éischtens wéint der Gläichberechtigung, zwetens well si herno soss iwer alles gemeckert hätt; d'Kaweechelchen, well dat esou e gudde Verhalt sollt hun, an d'Flou, well si sech dacks an dene beschte Kreesser opgehale huet an duerfir esou fei Manéieren hat.

Déi Herrschaften hun sech dann och eenzock op de Wee gemat. Fir datt se méi séier virukéimen as den Hunn um Iesel geridden, d'Geess huet d'Kaweechelchen op de Bockel geholl an d'Flou soutz uewen op deem séngem buuschtege Schwanz fir besser kënnen ze gesinn. An no enger laanger, méi oder wéiniger beschwéilerlecher Rees sin se glécklech beim Schnuckelibutzi séngem Schlass ukomm. Deen huet schon heemlech geschmunzt wéi hien deen dichtege Besuch gesinn huet, well e wouss jo wat se um Häerz haten. E wor jo nët fir näischt dee berimntesten Zauberer wäit a breet. An dann ... hien hat jo därbaans esou mucneches verlauschtet. Hien huet se natiirlech, wéi dat bei him de Gebrauch wor a wéi hien dat och soss ëmmer bei jidderengem gemat huet, ganz frëndlech emfaangen an en huet hinnen, «Abrakadabra», Häerz wat begiers de, ze frupsen an ze schluppen opgedëscht. Wéi si dann dun alleguer puppsat woren, huet de Schnuckelibutzi se ganz héiflech gefrot, wat se um Häerz hätten.

«Ma Här Schnuckelibutzi», sot den Hunn, well wann et em d'Riede gaangen as wor hien emmer deen Eischen, «ech si guer nüt méi mat ménger schwaacher Stämm zefridden. Ech muss muerges fréi Jann a Mann mat méngem Gesank erwächen an si domat aus hiner Lompekaul dreiwien. Mä et gët der emmer méi denen dat guer nüt gefällt an déi sech iwert dee 'Muergespektakel' iergeren. An et fäert och kee mech, trotz méngem starcke Schniewel a ménge schaarfe Spueren. Nüt emol wéi d'Gäns, déi fäerten se, oder wéi den Hond, dee fäerten se nach vill méi. Dee kann de ganze léiwe laangen Dag billen esou vill wéi e wéllt, an da gët en och nach derfir gelueft, well en d'Strummerten an d'Spätzbouwe verdreiwé géif. Neen, ech hun es elo genuch, ech wéll vun elo un nüt méi kréinen, mä billen esou haart wéi den Hond»

«O Här Schnuckelibutzi», sot den Iesel, «ech ka mat ménger sozialer Situatioun och guer nüt méi d'accord sin. Vu mir heescht et emmer nëmnen: groen Iesel hei, dommen Iesel do, tockeg wéi en Iesel, oder, dee jäizt jo wéi e Béschiesel. Mä wann et nëmnen dobäi bléif! Ech gi beluede 'wéi en Iesel', ech kréie Streech 'wéi en Iesel'. Amplatz gehemelt ze gin, well ech trei a brav schaffe vu muerges bis owes, kréien ech Sträpp oder Féiss hannebäi. Do huet d'Kaz et dach villeg besser. Well déi esou eng zaart duuss Strämmchen huet däerf si op d'Still, op den Däsch an esouguer de Leit op de Schouss sprangen. Si gët léif gedréckt a gehemelt an si kritt all Dag eng Schüsselche Müllech. Ech hun där nach ni ze saufen, pardon, nüt emol ze schmaache kritt. Neen, wa scho jidderec seet, ech hätt esou eng absens gräisslech Strämm, dann hätt ech elo och gär eng aner! Ech géif och gär miauen a sprange kenne wéi d'Kaz»

«An ech, Här Schnuckelibutzi», sot d'Geess ganz schimmeg, «ech muss mech natirlech ganz kräfteg bekloen iwer déi ongeheierlech Diskriminatioon vu mir als Damm. Do, kuckt emol selwer. Hätt ech, amplatz deem schappegen, aarmséilegen Deckel hei, e schéine laange, buuschtege Schwanz wéi de Fuuss, da wier ech schon zefridden an ech bräicht mech nüt méi bei de Leit ze schummen. Esou e schéine laange Schwanz géif mer och vill besser zu Gesicht stoen. Mat ménger schéiner Stämm sin ech komplett ze-

fridden, mä ech hätt gär en neie Schwanz, e laange Schwanz!»

«An ech eréischt, léiwen Här Schnuckelibutzi», huet d'Kaweechelche geklot, «wat sin ech eréischt mat méngem gehäit! Dir gesitt et dach selwer. Geldir, mäi Schwanz as méi grouss a méi déck wéi ech selwer. Alleguer déi, déi eppes géint mech hun a virun denen ech mech muss verstoppen, gesi mech scho vu fären duerch deen dommen, décken, laange roudé Schwanz. An dann, nüt datt ech elo mat Iech streide wéll, Madame Flou, mä vill ze dacks, no méngem Gout, verstoppen sech der vun Ärer Familjen oder vun Äre Koséngen a Kusinnen do dran, an ech hun dann all Méi vun der Welt fir se lass ze gin. Hätt ech dach nëmnen esou e léiwe Stuppschwänzchen, esou eng schéi kleng wäiss Blimmche wéi den Hues, da wier et mir vill besser an ech géif mech ni méi bekloen.»

«Do läit jo d'Kromm an der Heck», huet d'Flou geäntwert. «Gesitt Dir, Mosjö Schnuckelibutzi, wéi mir alleguerten, een ewéi deen aneren, esou schlecht an ongerecht ausstafféiert sin. Wär ech dach nëmnen op d'mannst esou grouss wéi d'Maus (si huet dat Wuert esou richtig an d'Längt gezun, well si wor aus dem Dällchen an duerfir huet si esou stieds geschwat), da bräicht ech kengem méi an de Pelz ze klammen a mech transportéieren ze loossen. Da kénnt ech endlech emol op méngen egene Been dorëmmer lafen an och dohinner, wou ech wéll. Ech wär gieren esou grouss ewéi eng Mauuus.»

Den Zauberer Schnuckelibutzi hat sech, ouni ze ennerbriechen, all déi Kloen a Wensch ugehéiert a gutt nogelauschtert. Duerno huet en, ouni eng Minn ze verzéien, dräimol mam Kapp gewénkt, huet sech säi sélwrege Baart gestréilt a sot dun zu den Déicren, déi hien nüt mat den Ae quitéiert hun: «Et sief dann, dir sollt äre Wéile gedoe kréien. Gitt elo schéi roueg heem, a muer de muergen, wann dir erwächt sid, da wäerd dir gesinn, datt alles esou as wéi dir iech dat elo gewénscht huet» – Hien huet duerno nach dräimol an d'Hänn gespaut, huet «Hokus-pokus Omnibus» gesot an nach en Zauberspréchelche gepéspert, deen ech ower nüt verroden däerf.

Voller Freed a Begeeschterong hun déi Fénnef d'Been an de Grapp geholl, dat heescht den

Hunn um Iesel, d'Kaweechelchen op der Geess an d'Flou uewen drop, an esou sin se, grad wéi se komm woren, heemgeschreckt.

De Schnuckelibutzi ower huet sech eng Boss gelaacht an, «Abrakadabra», eng Fläsch Réisléng erbäi gezaubert. Hie woust jo wat op déi Fënnef duerkéim, mä fir sech dat alles am eenzelen am Kapp auszemolen, do wor, fir de Genoss voll ze maachen, näischt besser derbäi wéi eng gutt Fläsch Muselwain.

Nach virun Hallefnuecht woren eis fënnef Frënn necs doheem, mä vun elauter Opregong an Erwaardong haten se Krämpes fir angeschlossen. Deen anere Muergen ower, hei do goug et lass. Den Hunn wor natüürlech deen éischt an op. En as vun der Stang erof dirckt op de Mëschtekoup geflun, huet sech an d'Broscht gehäit wéi nach kees, an en huet séng nei Stëmm erschale gelooss. O Mammelikanner! Do hätt dir eppes kënnen héieren an erliewen. Amplaz säi gewinnten helle «Kikerikii» kouw aus sénger Strass e grujhelegen haarde «Wauwauwau». Den Hunn as bal geplatzt vun Houfert. «Wat eng Stëmm!» duecht en. Mä d'Hénger an d'Pëlle si vun elauter Doudangsch hin an hier gelaf ewéi geckeg, si hu gekäckst ewéi verréckt an sech verstoppt wuer et nëmme goug. Wat den Hunn méi gebillt huet, wat d'Hinger méi gefaart hun. Si hun hiren Här a Meeschter nët méi crémkannt. Den Hunn konnt sech drugin esou vill wéi e wollt, lafen, sprangen, fléien, hie krut emol déi allereelste Kluck nët méi erëm, an déi wor schon al schapppeg op de Bee. Vun denc jonke Pëllen emol guer nët ze schwätzen. Zu gudderlescht kouw dun och nach den Hond him nogerannt ewéi rosen, well hien huet gemengt do wir e verklete friemen Hond. – Den Dag wor nach nët hallef eriwier, du wor den Hunn dätch an esou hees, datt e keen Toun méi eraus bruecht huet. An de Mupes hat him och nach e puer vun sénge schéinste Schwanzfiederen erausgerappt. En huet sech nach hannert de Mëschtekoup geduckelt, en huet batter Tréine gekrasch a säin, wéi en elo agesin hat, kräizdomme Wonsch zu déifst bereit.

Dem Iesel as et kee Fatz besser gaangen, am Géigendeel. Knaps wor en erwächt, dun trëppelt en an den Haff. Do kouw jhust d'Mod mat engem Emer Mëllech, well si hat grad d'Kéi

gestrach. Den Iesel wosst, datt si der Kaz ëmmer eng Schësselche Mëllech gin huet, wann déi «Miau» gemat an d'Mod un de Bee mat hirem Schwanz gehemelt huet. Den Iesel hätt och gär eng Schlippche Mëllech gehat an en duecht séng nei Stëmm elo gläich auszeprobieren. En huet «Miau miau» gemat a wollt, grad ewéi d'Kaz et ëmmer gemat huet, mat de viischte Been an d'Laucht goen fir e «Männchen» ze maachen.

Mä well hie jo villeg méi grouss wor wéi d'Kaz, huet hien d'Mod ëmgehäit an hir dobäi och nach de Schwanz ëm d'Ouere gewéitscht. Fir d'Ongléck voll ze maachen as den Emer mat der frëscher Mëllech mat ëmgefall an déi as iwer de Pawee gelaf. D'Mod huet Kreech gedoen, wéi wann se e Messer am Hals hätt. Mä dun huet si de Stallbiesem erwëscht an as mat deem op den Iesel lassgaangen. Deen huet sech natüürlech esou séier wéi méiglech duerch d'Bascht gemat. «Du dommen, dommen, kräizdommen Iesel do!» huet d'Mod him nogeruff. Den Iesel war paff, datt séng nei Talenter kee Succès haten an en duecht: «Ech sin entweder vläicht zevill sturazeg gewiescht oder d'Mod huet haut kee gudden Dag. Ech hätt och sollen, wéi et sech passt, fir d'éischt bei d'Madam vum Haus goen. Déi kennt och méi vu Konscht wéi di efälleg Mod!»

D'Madame souz grad an der Kiche beim Dësch, fir Kaffi ze drénken wéi den Iesel zur Dir erakouw. Mat engem Saz sprong en op den Dësch an huet, esou duuss wéi e konnt, «Miau miau» gemat. Mä! Mat dem rietse Fouss stoung en am Botterdëppchen, mat dem lénksen am Gebeess, a mat dene zwee hënneschte Féiss hat en de Mëllechkrou an de Kaffisbiz erof op de Buedem gehäit, wou se an honnert Stécker gefuer sin. Déi Schwéngerei hätt dir misse gesinn! D'Madam huet laudenhaart Kreesch gedun an no hirem Mann geruff: «Klos, komm séier mat der Flënt! Eisen Iesel as geckeg gin. E steet hei um Kichendësch a mécht Miau. Ech halen en huet d'Iollwut.» De Mann kouw mat engem Reesbengel erbäi gelaf, well deen hat e méi no bei der Hand, an huet domadder bei den Iesel gemat. Deen duecht et wir säi Lescht. Fir necs séier fort ze kommen huet en sech um Dësch missten ëmdrëien, an du floug d'Dëschelduch mam Brout, mat den Tassen an all deem anere

Geschir och nach op de Buedem. Et huet gerabbel a geknäscht, d'Madame huet gejaut esou haart wéi se konnt, de Mann huet geflucht wéi e Päerdsdëif, an den aarmen Iesel huet an engem Stéck Miau geruff a vun elauter Doudangsch e puer Kniddele fale gelooss. Je, et wor e fürchterleche Kaméidi an eng Knaschtereie sonner gläichen. Den Iesel huet e groussge Saz gemat an as, wat gës de, wat hues de, zur Kichendir craus gebéselt. An de Mann him no. En as him nogelaf an en huet mam Bengel drop gefacht bis e keen Otem méi hat. «Ënnerstéi dech nach eng Kéier esou eppes ze maachen an dech de Batti ze stellen! Da schloen ech dech vreckt oder ech erschéissen dech!» – Den Iesel huet sech hantert d'Haus bis ganz uewechenaus an de Pesch geschleeft. E wor iwerall hol a blo an en huet gemengt, en hätt keng Schank méi am Leif, déi nach ganz wier. Hien huet sech op de Buedem an d'Gras geluegt, en huet déckeg Tréine gekrasch a säin topege Wonsch verflucht.

A wéi gOUNG et mat der Geess? Abee, déi hat jo e laange Schwanz, jhust esou een ewéi si sech et gewünscht hat. Si as houfereg wi e Geck quesch iwert d'Wiss bei déi pickeg Heck stolziert, dohinner, wou se ëmmer am léifste maufele gOUNG. Mä o Misär! Stéits a stänneg blouf si mat deem laange buuschtege Schwanz an den Dären hänken, well si huet jo no riets an no lénks misste fachen, an dann huet si ferm missten zéien a rappen fir en crém lass ze kréien. Do blouf dann och natüerlech all Kéier e gehéierege Schapp Buischten drun hänken. Et woren nach keng zwou Stonnen eriwier, du wor aus deem schéinen horege Schwanz esou eppes wéi eng laang, plakeg a verschréipste Wäinzossiss gin. Et huet gebrannt a gepëffert, an do wou et geblutt huet, do souzen d'Mécke kéipweis drop ze suckelen. «Omeiomei», huet d'Geess gejeimert, «hätt ech dach nees mäi gudden ale klengen Deckel crém! Wéi konnt ech nëmme esou topeg sin! O ech Toz, ech Toz!» An elo huet si sech eréischt richtig geschummt.

D'Kawcelchelchen hat elo och, grad ewéi d'Geess, en anere Rupp kritt. Et hat elo säin neie Stuppschwänzchen. Voller Houfert as et de Bam erof an erop gewëscht an et konnt sech nët sat gesinn u sénger wäisser «Blimmchen». Mä wéi et dun uewe vun engem Bam op deen anere

sprange wollt, du gOUNG et flatsch derlaanscht a mat engem Ploufert loug et ënnen um Buedem mat der Nues am Moos. Säi laangen horege Schwanz war jo nët nëmme do gewiescht, fir schéin ze maachen, mä fir dermat ze renken an ze bremsen, wann et vun engem Aascht op deen anere gesprongen a vun engem Bam op deen aneren duerch d'Luucht geflun as. Elo konnt hatt sech dru gin, esou vill wéi et wollt, et kount ni dohinner, wou et hi wollt. Et as entweder ze wäit oder nët wäit genuch gesprongen an et konnt sech nët méi an der Luucht halen.

Schon no enger Stonn hat et nët nëmme d'Nues voll, wéi ee seet, mä et hat séng Niesche geschant a vertéitscht, et hat op en Hoër och nach en Zant verluer wéi et op e Stee gefall as an et huet him um ganze Kierper alles esou wéi gedoen, wi wann et gebeetscht gi wir. Et huet sech a säin Nascht verkroch an et huet bluddeg Tréine gekrasch. «O Mamm, o Mamm! Wat hun ech mir do eppes agetosch! Elo weess ech och fir wat d'Huesen nët op d'Beem klamme kënnen. O hätt ech dach nëmme nees mäi gudden, ale laangen, horege Schwanz crém! O wat wor ech eng Tooz!»

A wéi as et mat der Flou gaangen? O Jësesser-gott, do gOUNG et nach vill méi séier mat der Rau. Well si jo elo esou grouss wor wéi eng Maus, huet jiddereen se scho vu wäitem gesinn, an si krut Streech a Sträpp wi nach ni an hirem Liewen. Et huet keen se u sech erugelooss an si konnt hiirt Liewen nëmme doduerch retten, well si e verloossent Maislach fond huet an sech doranner verstoppe konnt. Elo souz si do, hol a blo a voller Bëlsen, de Bauch voller Honger, an si huet erkannt, datt et nët ëmmer gutt as, wann ee grouss as an, datt et fir déi Kleng heiansdo besser as, wa si kleng bleiwen. Si wor esou verzweiwelt, datt si emol nët méi konnt kräischen.

* * *

Owes, wéi et däischer gin as, koumen eis fënneg Ongléckswiirm getouft, verdrësslech, dribséileg, onglécklech a verzweiwelt am hënneschten Eck vum Haff zesummen. Si hun d'Käpp hänke gelooss, et huet een deem anere säi Leed geklot a verzielt wéi et him gaangen as. Et wor ower och keen eenzegen derbäi dee mat séngem Tosch zefridde gewiescht wir an deen et nach

en Dag laang esou ausgehalen hätt. Si woren sech duerfir och ganz séier eens fir bei de groussen Zauberer Schnuckelibutzi ze resen an hien ze bieden si nees esou ze maachen wéi si virdu woren. An ouni nach laang ze zécken hun si sech op de Wee gemat. Et wor elo scho richtig däischter gin. Si hun sech wuel, wéi ee seet, den Hënner aus der Box gefaart, mä wann et och al Frac gereent hätt an et wir nach vill méi stackdäischter gewiescht, besonnesch am Bësch, a wann och de Bësch vu Raiber gewibbelt hätt, si wire viru gaangen a si wiren nët emgedréit. Si hätten sech léiwer doutschloe gelooss, sou prëséiert woren se fir bei de Schnuckelibutzi ze kommen a fir nees esou ze gin wéi se virdu woren.

Et woren awer keng Raiber a Strauchmäerder am Bësch an duerfir koumen si, gutt midd, mä soss gesond a monter, schon an aller Härgottsfréi beim Schnuckelibutzi séngem Schlass un. Do hun si fir d'éischt emol eng Grimmelche gerascht an duerno sech gebotzt a propper gemat, well si wollten den Zauberer nët vrun der Zäit aus dem Bett dreiwen an ower och grad wéi Heescheleit do stoen. Dec wor ower schon op de Been, well en hat sech dat erwaart an en hat se och héiere kommen. En huet zur Fënster craus geluusst a wéi en déi fënnef komesch Figuren erbléckst huet, huet hie missen häerzhäfteg laachen. «Dat wärd iech eng Léier sin», duecht en. Mä fir hinnen d'Saach nët zevill lücht ze maachen huet hien, «Abrakadabra», fir d'éischt emol zerguttst Kaffi gedronk an zwee frësch krupsch Croissant-en derbäi giess. Duerno eréischt huet hien d'Schlasspaart opgemat an si bei sech eragelooss.

De Schnuckelibutzi huet gemat, wéi wann hie ganz verwonnert wir, datt si schon esou séier nees bei hie komm wiren an, ob dat wir, fir him nach eng Kéier extra merci ze soen. – «O neen», hun si alleguer wéi aus engem Mond geruff, «o neen, Här Schnuckelibutzi! Kuckt dach nëmme wéi mir erausgesin! Wat worc mir Daboen. Verzeit äis eis Topckheet an eisen Onverstand. Léiwen, gudden, allerbeschten Här Schnuckelibutzi, maacht eis séier nees erëm esou wéi mir virdu woren. Mir bekloen eis och ni, ni méi!» – «Abeo», sot de Schnuckelibutzi, «ech versti jo nët, wéi een esou séier séng Menong changéiere

kann, mä et sief dann. Dir sollt dann erëm esou sin ewéi virdrun a wéi dir iech et elo wënscht. Kommt mer ower nët méi esou erëm a verhaalt gutt wat dir versprach hutt.» – Si hun him dat och nach eng Kéier héich an helleg an op Éirewurt versprach. Dun huet den Zauberer siwemol mam Kapp gewénkt, siwemol an d'Hänn gespaut, «Hokuspokus Omnibus Verschwindibus» geruff (an nach e Spréchelche genurelt deen ech ower nët verroden däerf).

A flupsdeg stoungen déi fënnef Déieren nees do grad wéi se ëmmer woren a wéi ciser Här si gemat hat. Si si voller Freed an d'Héiluucht gesprongen an hun duerno, een nom aneren, dem Schnuckelibutzi d'Hänn gekësst. Si hun an engem Stéck «Merci, merci» geruff an dunn hun si sech iwerglécklech op den Heemwee gemat. Den Hunn as um Iesel geridden, d'Kawecchellen op der Geess, an d'Flou souz uewen op deem séngem schéine laange buuschtege Schwanz fir besser kënnen ze gesinn. Si hun Äddi gewénkt esou laang si de Schnuckelibutzi gesinn hun an och nach nodcems dec scho laang an séngem Schlass verschwonnen wor.

Wéi et hirer Delegation ergaange wor an dee Pech deen se mat hiren erfëllte Wënsch haten, huet sech ganz séier ënnert all denen aneren Déieren erëmgeschwat. Jiddereent vun hinnen huet sech d'Saach elo nach eng Kéier iwerluegt an duerfir koum et nët méi zu engcr zweter «Assemblée générale».

An de groussen Zauberer Schnuckelibutzi, wat as mat deem?

Ja, wann ech dat wéisst.

Onkomplizéiert

Bei de Männer as et esou:

ech maache méng Aarbecht, mä looss mer

[méng Rou,

ech ka mech nët ëm alles këmmere an an alles

[mëschen ...

a muer gin ech fëschen.

Robert Sinda

Nei Bicher

Congé. Prosa. Robert Gollo *Steffen*. Op der Lay, 2. L-9650 Esch-Sauer, 1987. 126 Säiten. 360 Frang.

«Mam Réck widdert der Maurer huet en d'Foto rausgezun a mat der Luucht drop geliicht. Laanscht de Beton as en crofgerutscht bis en um Bucdem souz, an d'Tréine sin em d'Baken erfogelaf. Sou huet en op d'Enn vum Congé, op d'Enn vun der Welt gewaart.» Mat deem Saz vu Verzweiwelung, vun Aussichtslosegkeet, vu Verloossenheet geet de Congé vun engem Beamten op en Linn, deen sech nët vun deem Tratt am Büro trenne konnt a fir deen de Congé nët Erhuelung bedeit. Hie wecss näischt mat sech an der Welt unzufänken. Eng Kéier wollten an denen «hellege» Raim vu sénger Aarbechtsplaz eragesin, dat wou e soss de Courage nët hat an et nuets gemat huet, wéi se Betriibsvakanz haten. Hien as an d'Éislek gefuer, huet do e klenge Erliednës mat séngem Kolleg sénger Fra, hire Mann as a Spuenien an der Vakanz: dee mécht et och esou. De Congé, dat grousst Lach... «Dat as et, wann een eleng bleift! Da seet keen engem, wouhinner ee fuere kann, soll, muss.» Sou erstuerwen as hien a séngem Beamteliewen.

Dat as een Deel vum R. Gollo *Steffen* séngem Buch «Congé». Deen zweeten Deel, deen e «Prospekt» nennt, si 9 Bréiwer ouni Äntwert. Et si Bréiwer un e Meedche mat deem hien en Tour gemaacht huet, mat him vun iirgendengem geknipst gouf an déi Foto op en Touriste-Prospekt kënnt. Wéi en de Prospekt an der Hand huet, denkt hien erëm un dat Meedchen, hien hat et sëtze gelooss, an hien clo probéiert mat Bréiwer erëm u sech ze zéien. Se sin all ouni Äntwert, hie fuerscht no, geet kucken, wou et gewinnt huet, do as et verlooss... bis en da gewuer gët, datt d'Meedchen an Amerika as an do bestuet gouf. Hoffnung a Verzweiwelung, Melankolie an Zar wiesselen of...

De Robert Gollo *Steffen* schreift e gutt Lëtzebuergesch mat Wëlzter Aschlag; den Drock as

propper a gutt ze liesen. Et soll nach ernimmt gin, datt denen. Et soll nach ernimmt gin, datt den Émschlagentwurf vum René Weber as, deen a sénger Einfachheet de «Congé» gutt widerspiegelt. Iwwregens krut dëst Buch e Präis am Nationale Litteratursconcours 1986. hr

Kremer, Néckel: Erënnerungen. Erlicfnësser an Dokumentatioun aus dem leschte Weltkrich. 352 Säiten. Dréckerei Heintz, Péiteng, vill Illustratiounen, Dokumenter. 23x16. Egeverlag.

Et as dat drëtt Buch, dat de Kréimesch Néckel an e puer Jor Zäit iwwer de leschte Weltkrich an deem wat dermat zesummenhängt geschriwwen an erausgin huet. Wéi an dene zwoe éischte virdu bréngt en e Koup vun enzelne Schicksaler aus deem barbaresche leschte Weltkrich. Mat Dokumenter aus deer Zäit as et e Buch dat nees e Stéck vun deem Misär opliewe léisst a wuel fir munnech een ellen a batter Erënnerunge sin. Hei gët d'Geschicht vun uewen an nët nëmmen aus Archivquellen duerbruet, hei sin déi ergräifend Aussoen an Erënnerunge vun denen, déi dat alles matgemaacht, dat onmenschlech wor an as. Vergiesse kënnen déi Leit dat nët. Kënnen s'et verzeien? Wat nët ze verzeien as! A wann een nëmmen derduerch bliedert gët een erschloc vun deem wat d'Leit erlieft, erdroen a matgemaacht hun. Fotoen a Biller weisen eis deer Zäiten, Dokumenter beweisen d'Onmenschlechkeet. Et gët awer och méi wéi bewisen wéi daper Mënschen hiirt Liewe fir aner an d'Spill gesat hun, wat Zwangsrekrutitéer mussten an esouenannte Strofkompanie matmaachen... E Buch vu Resistenz a vu Léift zum Land.

Dernieft sin déi dräi Bicher eng Dokumentatioun laanscht déi e Geschichtsfuerscher nët kënnt, d'Geschicht vum klengen Mann an engem klengen Land as et, déi nieft den «amtlichen» Dokumenter nët iwwersin dicrf gin. hr

Hoscheit, Jhemp: Aus alle Wollécken. Zeechnungen diti 1988. 132 Säiten, brochéiert. Präis

400 Frang. 13×20. Postscheck 93368-54 vum Cabaret-Theater Pëspërkescht, c/o Jhemp Hoscheit, L-4055 Esch-Uelzecht.

Mat dësem Buch leet de bekannte Kabarettist Jhemp Hoscheit äis e gudde Grapp sénger Texter vir. Méi oder manner bësseg, méi oder manner spaasseg, méi oder och alt manner gutt as et en Duurchschnëtt aus sénger Produktioun. D'Zeechnunge si gutt geroden, déi vum François Didier, genannt diti, stamen.

D'Buch mat 50 Texter, Zenen, Gedichter koum am Mä 1988 eraus. Et as derwäert gelies ze gin, wou d'Zeechnunge vum diti hiirt derzou bäidroen.

Wagner, Guy: *Helleg Famill*. Dräi Stécker mat Szeenen. Editioun phi. 215 Säiten. 13×20, brochéiert. 850 Frang.

My Lord, what a morning, kënt een hei anescht dréien a soen: Mäi Gott, wat eng Famill. Et as kee Wonner, datt déi dräi Theaterstécker Ursach vu verschiddene Menungen, Kritiken a Rezensiounen woren, wéi se opgefëiert si gin, Kritiken, déi iwregens (mat Kommentar vum Auteur) am Buch selwer stin an deem mer déi Trilogie vun der «Helleger Famill» hun: *Ee wéi deen aneren; Hänk dech dach nëmme op; Dës Kéier kraacht et.* – Et as keen Zweifel, datt et esou eng Famill ka gin, mee et wäerden deer aner awer och, hoffentlech, gin, wou et nët esou rau erofgeet, wou nët mat esou graffe Wieder em sech gehäit gët, wou nët éiweg een deem anere vierechent wat en as a wat e gestücht huet. Eng einfach, riichtewech, roueg Famille liwwert kee Sujet fir en Theaterstéck! Méi soll nët derzou gesot sin. Et ka jo jiddereen sech dat Buch kafen a sech selwer säin Urteel maachen, ob et esou as wéi den Auteur am Virwuert schreift: «dës Trilogie as nët géint d'Famill geriicht, mee pleidéiert fir méi Éierlechkeet a méi Versteesdemech an eise Familjen fir datt se éischer ganz bleiwen.» – D'Sprooch as lëtzebuergesch, wou den Escher Aschlag mat eragerutscht as (sch fir ch asw.), wéi ee se wuel a Schichte fanne kann, deemno gutt geschriwwen, propper gedréckt, an engem plastiks Ëmschlag, huet säi Wäert, a wann et och nëmme wir, fir ze weisen ewéi eng «Helleg Famill» ka sin.

Manderscheid, Roger: *Schacko Klak*. Editioun phi. 354 Säiten, 13×20, plastifizierten Ëmschlag. 960 Frang.

Déi aner Kéier méi doriwwer.

Mosella Sacra. Eis Kiirchepatréiner. ill. 20. Band vun de Wuermer Muselbéicher. 1988. 196 Säiten. Editioun: Lëtzebuurger Guiden a Scouten, Wormeldeng. 500 Fr.

Den Asterix op der Olympiad*

as, no dem Asterix säi Jong, den neisten Album, deen eise Vize-President Lex Roth op lëtzebuergesch aus der Rei virleet, déi op 34 Sproochen iwwersat as gin, a vum R. Gosciny an A. Uderzo staamt. Hätt ee sech erwaart, datt dat esou e Bommesuccès, e Bestseller och fir Lëtzebuerg op Lëtzebuergesch géif gin?

Dernieft huet de Lex Roth och den *Tintin* lëtzebuergesch geléiert, mat deem selwechten Erfolleg; November 1987, *Tintin*: «d'Affär Dittchen», Mäerz 1988, «d'schwaarz Insel»; um Leesch sin déi zwéi «Rakéitebänn» fir op de Mound.

Mat denen illustréierte Bicher vum Genre «B.D.», as nët nëmme bewisen, datt et och op lëtzebuergesch geet, mee – an dat as dernieft en Haaptgedanke vum Lex Roth – datt een ze gläicher Zäit spillen un d'Leser vum Lëtzebuergesche gewinnt gët, an doduurch sécher och méi Freed mat anere Bicher op lëtzebuergesch kritt. Sin se nët vläicht och ganz gutt fir eis auslännesch Leit an d'Lëtzebuergesch anzeféieren an domat als «lecture comparée» e bëssen ze léieren?

Et as nët extra néideg, fir vill Succès ze wënschen, deen as do a bleift, an et as ee gespaant op déi, déi elo nach nokommen, well geplangt a virgesin as fir den Oktober d'«Djungelbuch» (Walt Disney) a fir den November den «Asterix beim Dranazahd», fir 1989 den «Asterix bei de Belsch». Sin dat nët och Bicher, déi ee flott ka mat op Besuch huelen oder als Cadeau fir jonk a manner jonk Leit verschenken, och eng gutt Saach fir eis Sprooch.

hr

* St. Paulus-Dréckerei. 295 Frang.

Theater

Kabaretsnuecht 88

Bei vollem Sall as am Kapuzinertheater um Vir-
owend vum éischten Mä, Kabaretsnuecht 88
ofgelaf.

An engem Programm vu véier Stonne mat de
Kabaretsensemblen Cabaret JB, Théâtre du
Centaure, (FA) Thalia & Co, D'Scène libre,
J(h)emp 2, Rido Lëtzebuerg an T'OI. sollt dem
Publikum en Abléck an d'Schaffe vun der Ka-
baretszeen gebueden gin.

Dass dësen Owend nët dat gehalen, wat een
sech vläicht erwaart huet, läit dorun, datt ver-
schidde Kabaretsensemblen de Kabaret mam
Duerftheater verwiesselen, an eng Auswiel vu
Stécker sech bis an Äfällgkeet gezun hun.
Villen Autore feelt dat pickegt un hirer Fieder,
wat den zäitkriteschen a sozial-politesche Kaba-
ret zu der Satir féiert, déi mat lëschtég bësseger
Aart a poetescher Sprooch d'Laster an
d'Dommheet vun onser Ëmwelt kritiséiert.

Iwwerzege konnten an der Kabaretsnuecht 88
den Théâtre du Centaure, professionnell Schau-
spillkonscht gebuede vu P. Noesen, R. Seimerz,
M. Bertemes. D'Scène libre mat «Banco Infer-
nale» (Seimetz, Roden) an «De Meeschter vun
der Welt» (Roden). Nët ze vergiessen de Kaba-
ret J(h)emp 2 mat Stécker wéi «Ëmwelt-
bewosst» (Schuster) a «Vermësst» (Bertemes,
Baldauff).

Um Enn vum Owend hat dann d'LKE dem Pu-
bikum déi schwéier Aufgab gestallt de «Putty
Stein» (bescht Zeeen) an «Tun Deutsch» (besch-
ten Aktör)-Präis ze vergin. Eng Aufgab, déi
d'Leit am Sall nët seriéis konnte léisen, well de
Begrëff Kabaret fir vill e Friemwuert as. Béid
Präisser gungen un de Balli Baldauff fir «De
Cabaretsmusiker», en Niewestéck iwwer d'Ano-
nymitéit vum Musiker op der Kabaretsbühn.

Jeannot Scholer

D'Päerd an den Iesel

En Iesel goug, eng Ball mat Weess um Réck,
e Päerd dernieft bretzt sech an engem Stéck.

«Kuck emol mäi Gank, méng nei gewichste
[Schung,

du hues däin ale groe Kaseweck un,

Mäi Laachen lackelt d'Leit all aus dem Haus
an du, kriss nëmmen zwéin Téin eraus.

Ech verdénge masseg Geld,
an komme wäit erëm an d'Welt.

Ech friessen Huewer a Gehäck,
du sichts der Dëstete bei der Heck.

Vu mir steet méindes d'Zeitung voll,
dech huet kee Mënsch anuecht geholl.»

Sou geet dat virun, mä um Enn
grunscht Iesel «I A» duerech d'Zänn.

«Du waars bei muncher Course dat Best,
dat huet mech ni gekränk,»

mä eent steet zënter Jore fest,
datt vill vum Tracteur gët verdrängt,

souguer all Päerd an och all Tëmmer,
mä Ieselen, där bleiwen ëmmer.»


Vi. Ro.

Weihetext un d'Onbefleckt Empfängnis!

geschriwwen um Grënnungsdag
vun der „Mission de l'Immaculée“,
de 16. Oktober 1917,
vum Pater Maximilian Kolbe

Immaculata,
Kinnigin vun Himmel an Äerd,
Zuflucht vun de Sënner an häerzengutt
Mamm,
Där eiser Härgott séng ganz
Baarmhäerzegheet uvertraue wollt,
vrun Dir knéien ech, aarme Sënner.
Ech bieden Dech drëm, huel mech ganz,
als Däin Egen an Däi Besëtz,
wiirk a mir no Déngem Wellen,
a ménger Séil, a méngem Läif,
a méngem Liewen, a méngem Doud,
a ménger Éiwegheet.
Bestëmm virun allem iwwer mech, wéi s
Du et fir gutt fënds,
fir datt endlech geschitt, wat vun Dir
gesot as:

„D'Fra zerdréckt de Kapp vun der
Schlaang“
„Du eleng gës d'Irléier meeschter, an der
ganzer Welt“
Ech wëll, datt ech an Déngen
onbefleckten Hänn, déi sou räich
u Baarmhäerzegheet sin, en Ausdrock
vu Dénger Léift gin,
an doduurch amstand sin, ganz a guer
dene kalen oder veriirte Séilen
crëm neit Liewen ze gin, a sech ganz
z'entwëckelen.



Domat breet sech d'Ierrschaft vun
göttlechen Häerz Jesu
un allen Ennen aus.
Eleng Däint Do-sin zitt d'Gnoden un,
déi Séile bekéiren, an helleg maachen.
Well d'Gnod entspréngt am göttlechen
Häerz vu Jesus,
iwwer äis all, andeems se durch Déng
Mammenhänn geet.
„Huel mäi Luef un o geseent Jongfra
a gëf mir d'Gnod, dat Béist meeschter ze
gin, Amen“

Gebiet vun polnesche Pater *Kolbe*, deen am Kazett säi Licwe fir en anere polnesche Kazettler uge-
bueden huet; gouf de 17. Oktober 1971 séileg an den 10. Oktober 1982 helleg gesprach; en as de
14. August 1941 am Bunker erhéngert. D'I.äich gouf verbrannt am Krematorium.

E Wieder am Bësch!

Aus dem Éislek zitt et lues crop
d'Wollécke fléien, si kenne kee Stop
Lues a lues gë den Himmel schwaarz
aus engem kranken Dénnebaum drëpst den
Haarz

E Blëtz schléit an en décken ale Bam
et as fir hien dat läscht Wieder,
nët nëmmen en uergen Dram
Gläich drop e fermen Donner
Alles Liewegt rennt a leeft, kee Wonner
Ganz duuss déi éischten Drëpsen
de Wand léisst d'Blieder stëbsen
Mee elo geet et richtig lass
et reent wéi zrass
D'Beem béien sech am Wand
en Hues as als läschten a sai Leër gerannt
et kraacht a blëtzt et as eng Freed
déi kleng Baach schons iwwerleeft
Mee esou wéi et komm, geet et erëm zrëck
Wollek fir Wollek, Schrëck fir Schrëck
Schons blénkt d'Sonn nees um bloen Horizont
alles as frësch, d'Beem, d'Blieder an de Grond
Ängstlech luusst eng kleng Maus
aus hirem Lach eraus.
De Bësch bléit erëm a frëschem Saaft
esou e Recnche gët him erëm nei Kraaft
De Bësch erwächt zu neiem Liewen
Ni solls du, Grénge stierwen.

CK 85

E puer Gedanken un d'Léift

D'Léift léiers Du kenne schon als Kand
Wann d'Mamm dech hëllt da mat der Hand
Esou glécklech bas Du dann
Déi Léift, vergesst Du och nët als Mann
Wann dann déng éischt Léift zu engem
Meedche kënnt.

Da's dat richtigt ... ganz bestëmmt
Esou denks Du dann an dénger Freed
Zou all Dommheet scho bereet
As dat Stréifeier da verbrannt
Hues Du alles ze spéit eréischt erkannt
no vill Ëmweër a Misär, aus déngem Häerz,
begéins Du dann dat richtigt

Näischt op dëser Welt, as da fir dech méi
wichtig

Vill schéin a glécklech Joëren, wäers Du
dann erliewen

Keen denkt u Krakheet, Leed a Stierwen
Mä wann dann enges Daags den Dout da
kënnt

Gesäis Du en nët als Feind, mä als gudden
Frënd

All Gléck, all Freed, esouguer d'Léift as da
vergaangen

Nimools méi kriss Du d'Léift méi agefaangen.

CK 85

De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch

Präsident: Heng Rinnen, 32, Bëschstrooss (rue de la Forêt), L-1534 Lëtzebuerg; Vize-Präsident: Lex Roth, 36, Arthur-Herchen-Strooss, L-1728 Lëtzebuerg; General-Sekretär: Marcel Lamy, 18, Kellerci-Strooss, L-6718 Gréiwemaacher; Sekretär adj.: Emile Steffen, 47, Riedgener-Strooss, L-2432 Lëtzebuerg; Caissier: René Faber, 14, Barriär-Strooss, L-1215 Lëtzebuerg; Membren: Francis Delaporte, Monique Hermes, Cornel Meder, Robert L. Philippart, Michel Rob, Robert Siuda, Maisy Tockert; Redaktioun: H. Rinnen, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg; Redaktiouns-Kommissioun: H. Rinnen, R. Siuda, M. Lamy, Monique Hermes



Actioun Lëtzebuergesch, Postkëschr 98, L-2010 Lëtzebuerg, Tél. 470612
(Äntwertapparat!)
Bredewee 21, (rue Large), L-1917 Lëtzebuerg
Cotisatioun: 250 Franc
Postscheck 6644-48 – Kont Spuerkess (C.F.L.), Lëtzebuerg 1000/7250/4 –
Kont Interbank (B.I.L.) 4-100/9748

Verlag: AL, 21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg

Drock: Kremer-Muller & Cie, L-3895 Féiz, Tél. 557979

Wat huet d'A.L. bis elo erausgin?

Hei as d'Lëscht vun allem wat mir Iech offrëiere kënnen:

d'Zäitschrëft «Eis Sprooch»

No 1-1972*	30 F	No 14-1982	70 F
No 2-1973	vergraff	No 15-1983	70 F
No 3-1973	vergraff	No 16-1984	70 F
No 4-1973	vergraff	No 17-1985	70 F
No 5-1974	vergraff	No 18-1986	70 F
No 6-1975	vergraff	No 19-1986	70 F
No 7-1976	vergraff	No 20-1987	vergraff
No 8-1977	70 F	No 21-1987	120 F
No 9-1978	70 F	No 22-1988	120 F
No 10-1979	70 F		
No 11-1980	70 F		
No 12-1981	70 F		
No 13-1981	70 F		

*) Facsimilé, Ried vum C.M. Spoo 1896

d'Extra-Serie

No 1 De Rick, vum René Kartheiser	vergraff	
No 2 «Ueter d'Jon» vum Heng Rinnen	vergraff	
No 3 Stuelen (Modeller) fir all festlech an aner Geleënheten, eis Uertschaftsnimm, Menuën, d'Schreifweis asw.	90 F	
No 4 «Grouss Vakanz» Theaterstéck vum Pol Greisch	80 F	
No 5 «Vu Wëllef, Afen, Quetschen a Kanner» Concours 1984	300 F	
No 6 «Dem Pränz Muttwëll séng Rees an d'Mäercheländ» e Mäerchspill vum Edith Roeder, mat der Musik vum Louis Beicht, an d'Lëtzebuergesch Iwwersat vum Robert Siuda, Illustratiounen vum Pe'l Schlechter	300 F	
No 7 «Kuurzgeschichten» Concours 1986	90 F	
No 8 Klenggeketen vum Robert Siuda	90 F	
No 9 De Kapp an de Stären vum René Kartheiser, gebonnen	465 F +35 F Porto	

«d'Léierchen» (dem Léiweckerche säi Lidd)

M. Rodange
Facsimilé an Transcription (1973) 250 F

d'Buch fir Lëtzebuergesch-Couren:

«Kommt mir léiere Lëtzebuergesch» 500 F
déi 3 Cassetten déi zu deemem Buch gehéieren 945 F
(et kann een d'Buch oder d'Cassetten och eleng
kafen).

Dest Buch as fir de Moment op franséisch ze kréien.
Bis den Hierscht, wann déi nei Couren ufänken,
kann et och op däitsch, englesch a portugisesch
geliwwert gin.

d'Spéngel vum der A.L. 50 F

d'bronze Plaquette
vum Dicks-Rodange-Lentz 1.250 F

Eis Gléckwonsch- an Neijjooschkaarten

mir kënnen nach offrëieren:

d'Neijjooschkaarte mat Text 1983	
1014 Greinskapell	1024 Bueglenster
1034 Huclmes	1044 d'Schibbreg
d'Neijjooschkaarte mat Text 1984	
1114 Dummeldéng	1144 Siwebueren
1134 Sennéng	
d'Neijjooschkaarte mat Text 1985	
1214 Réimech	1224 Mensbuch
1234 Iechternach	1244 Clausen
d'Kaarte mat an ouni Text 1986	
1334 Zolwerknapp	1344 Schlicfmillen
1987/8: Zeechnunge vum Jos. Besch (alle véier)	
1414 Bredewee mam Tur vum der Mëchelkirch	
1424 Dummeldéng «an der Rumm»	
1434 Veianen (Schlass)	
1444 Hesper (Schlass)	
de Präis vun dese Kaarten as	15 F d'Stéck
bei 100 Kaarte kriit ee se fir	11 F d'Stéck
Porto fir d'Kaarten:	
1 Serie (4 Kaarten)	18 F
3 Serien (12 Kaarten)	30 F
doriwwer	40 F

Gléckwonschkaarten

faarweg Fotoe vum Tableau-e vum der Joffier
Lily Uden fir all Geleënheten
112 an 122 2 Kaarten 1986 an 2 Kaarten 1987
212 an 222 30 F d'Stéck

Gléckwonschkaarte fir Houchzäit oder Gebuert

Zeechnunge vum O. Nalezinek
4 verschidde Kaarten 15 F d'Stéck

D'Präisser déi mir ugin, si fir den Déraï,
Schoulen, Gemengen, Veräiner oder Membren, déi am
Grousse kafen, kënne Rabatt kréien.

Bestelle kann een duurch Iwwerweisungen op ee vun
eise Konten: Postscheck 6644 48
Spuerkeess 1000/7250-4 - BIL 4-100/9748
Schreift w.e.g.l. op äre Virement/Versoment genee
wat dir wëllt an och d'komplett Adress.
All Informatiounen kennt dir um Téléfon 470612
(Antwortapparat) kréien. Wa keen um Biro as,
da sot w.e.g.l. är Téléfonsnummer, mir ruffen Iech
dann erëm.

Bestelle kennt dir och schréiflech un eis Adress:

Actioun Lëtzebuergesch
Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg.

Et kann een natierlech och séng Bestellung an eise
Biro op Nummer 21 am Bredewee an der Stad
ewechhuelen.

Am beschte freec een dofir e Rendez-vous.

nët ze kléng fir
grouss drécksaachen
nët ze grouss fir
kléng aarbechten

imprimerie **kremer-muller**&cie

foetz · zone industrielle · rue des artisans · téléphone 557979